80 Jahre hat es gedauert, bis die Idee eines „Baumfeiertages" den Weg auch nach Deutschland gefunden hat. Seit der Pflanzung durch Bundespräsident Prof. Dr. Heuß sind bis zum Jahre 2002 weitere 50 Jahre ins Land gegangen. Obgleich sich auch Andere des Tages des Baumes annehmen, ist er doch noch überwiegend etwas für Insider. Die Bevölkerung und auch die Medien nehmen zu wenig Notiz von ihm geschweige, dass wir einen „Baumfeiertag" begehen. Warum findet man den Tag des Baumes in keinem Kalender? Ganz anders der Valentinstag, worum nicht auch der Tag des Baumes? „Baumfeiertag" wäre die bessere Bezeichnung, denn in ihr kommt auch Aktivität zum Ausdruck ein Baumfest veranstalten zu Ehren des größten Lebewesens dieser Erde.

# ANNIVERSAIRES 2004

## 90 JOER
## Mme Marguerite Weber-Schaack



Den 7. August dest Joer, huet de Schierener Schefferot an d'Famill der Madame Marguerite Weber-Schaack fir hir 90 Joer gratuléiert. Si ass den 7. August 1914 zu Schieren gebuer a gouf den 26. Dezember 1952 mam Jos Weber vu Méischtref bestued, deen den 28. Oktober 1990 verstuerwen ass.

Zwee Kanner, dem Guy an dem Eliane hu si d'Liewe geschenkt an stolz ass si op hir zwee Enkelkanner Tania an Yannick. Fir a Form ze bleiwen turnt si all moies, an nom Gaart gët och nach gekuckt. D'Zeitung liesen gehéiert och zum Dagesoflaf well si sech nach fir alles interesséiert wat hei am Land geschitt.

## In Diekirch feierte ebenfalls ein alteingesessener „Schierener" seinen 90ten Geburtstag: Georges Putz

Vor kurzem feierte Georges Putz in der Diekircher „Résidence du Parc"seinen 90. Geburtstag. Der Jubilar, der bei den Goodyear-Werken in Colmar-Berg angestellt war, wohnte in Schieren, in dem Haus in dem heute die „Education précoce" untergebracht ist, bis er am 13. März 1999 in die „Résidence du Parc" einzog.



Hier wurde er nun für seinen runden Geburtstag vom Schierener Schöffenrat mit Bürgermeister Jos Lutgen, Jos Zeimes und André Schmit beglückwünscht. Georges Putz hat drei Enkelkinder, die sich ganz liebevoll um ihn kümmern: Nadine, Monique und Diane.

## Marguerite Tibessart-Fabricius feierte 90. Geburtstag im Pflegeheim in Vianden

Stellvertretend für die Einwohner der Gemeinde Vianden überbrachte Bürgermeisterin Gaby Frantzen-Heger zusammen mit Schöffe Marc Schaefer die besten Glückwünsche zum 90. Geburtstag an Marguerite Tibessart-Fabricius und überreichte ihr ein Blumenarrangement. Dabei wünschte die Bürgermeisterin der noch recht rüstigen Jubilarin, dass es ihr gegönnt sei, noch einen möglichst langen und schönen Lebensabend in Vianden zu verbringen. Marguerite Fabricius wurde am 23. Juni 1914 in Schieren geboren und ging, wie es zu dieser Zeit üblich war, in ihrer Jugend nach Paris in den Dienst. Am 30. Mai 1941 heiratete sie Charles Tibessart aus Schieren, der 1977 verstarb. Bis vor einem Jahr lebte die Jubilarin in Schieren, um dann ins Pflegeheim nach Vianden einzuziehen.

Ihrer Ehe entsprossen vier Kinder, von denen noch zwei am Leben sind, und die natürlich den Geburtstag ihrer Mutter mit den Gemeindeverantwortlichen feierten. Im Namen des Personals und der Heimbewohner überbrachte Direktor Jean-Claude Meyers die besten Glückwünsche.



## 85 JOER
## Mme Wagner-Fischbach Marie



D'Madame Wagner-Fischbach Marie huet den 8. Februar 1919 zu Schieren a „Judithen" als zweet vun dräi Kanner d'Liicht vun der Welt erbléckt. Am Krich gouf d'Famill Fischbach emgesiedelt, well si hirem Jong Vic verbueden hunn an d'Wehrmacht ze goen. Si waren d'éischt um Hondsréck an duerno am Westerwald, si 45 viru Päischten nees heem komm.

D'Marie Fischbach huet sech den 18. Mee 1948 mam Camille Wagner vu Colmerbierg bestued, hun en etlich Joër zu Colmer gewunnt, fir duerno op Schieren an d'Heemechtshaus ze kommen an de Bauerenhaff weider ze féieren. De Bauerebetrib hu si agestallt wéi de Camille mat 63 Joer en Herzinfarkt gemeet huet.

Aus hirem Bestiednes sollten 3 Kanner ervirgoen, wouvun allerdéngs dat éischt bei der Gebuert gestuerwen ass. D'Mme Wagner as stolz op hir 4 Enkelkanner.

Si kritt seit dem leschte Joer de „Repas sur roues", geet 1 mol d'Woch an de Foyer Hierzebierg. Geeschteg as si nach un allem intresséiert, hält sech mat Zeitung liesen a Fernseh kucken um Lafenden.

## M. Raymond Baus



Gebuer gouf hien den 9. Februar 1919 als siewent vun 10 Kanner. Am ganze ware si zu 8 Bouwen an 2 Meedercher. Haut liewt leider nëmmen méi nach ee Brudder.

Am Krich gouf hien vun 1940 bis 1944 zwangsversaat. Säi Beruf als Schoulmeeschter huet hien ënner anerem zu Mamer, Chrëschtnech a Veinen ausgeübt wou hien schlussendlech pensionéiert ginn ass. Seng Haapthobbie si Molen an Uergelspillen. Als Organist war hien zu Nouspelt, Veinen a Schieren am Asaz.

Aus sengem Bestiednes mam Suzanne Glodé huet hien eng Duechter, bei der hien haut och nach lieft. Zwee Enkelen an 3 Urenkele gehéieren nach zum Familijekreess.

## 80 JOER
## Mme Marguerite JACOBY



Gebuer den 8. Maerz 1924 an hirem Heemechtshaus op der Nummer 59, an der Haaptstrooss als 4. vun 6 Kanner oder anescht gesot 6 Meedercher. Vun deene 6 liewen der haut nach 5: D'Régine mat 86 ass am Pflegeheim zu Bartreng, d'Loni huet 82 Joer, d'Margueréit 80, d'May 78 an d'Lydie mat 77. Hir Schwëster Ida, déi am Klouschter war ass do virun 3 Joer mat 83 leider gestuerwen.

Hire Papp, en Stackschierener war laang Joeren Organist a war vu Beruf Schouster.Hei op der Photo gesäit een wéi hirt Geschäft fréier ausgesinn huet.




*Och haut wunnt Mme Jacoby nach ëmmer an deem Haus an dëst zesumme mat hirer Schwester Lydie.*

D'Mme Jacoby ass zu Schieren bei den Schwësteren an d'Schoul gaangen.An hirer Klass waren 4 Jongen an 5 Meedercher, ënnert hinnen och den Nickelse Mett deen jo och nach ëmmer zu Schieren wunnt.Als Infirmière huet si 28 Joer an der Maison de Santé zu Ettelbréck bis zu hirer Pensioun am Joer 1981 geschafft. Leider war 2004 wat d'Gesondheet ubelaangt een Joer wat si géif am leifsten direkt vergiessen ass si dach den 30. Mai 2004 (den Dag vun der Schierener Kiirmes) doheem am Haus gefall an huet sech déi rechts Schëller gebrach su dat si huet missen mat der Ambulanz an d'Klinik bruecht ginn. Gottseidank geht et haut erëm eenegermoossen, mee duerfir dinn awer déi aner Gelenker, virun allem d'Knéien wéi.



## Mme Goerens-Hoffmann Marguerite

D'Marguerite Goerens-Hoffmann, de Schierener Leit besser als d'Maya vum Haff bekannt, gouf de 15. Abrëll 1924 als zweet vun 3 Meedercher um Mathgeshaff gebuer. Si symboliséiert besser wi jidder aneren eng Fra um Bauerenhaff. Bis 1980 war si um Mathgeshaff, an dunn as si riwwer op de Biirkenhaff geplënnert. Hir Schoulzäit huet si mat hirer eelster Schwëster zu Ettelbréck am Nonnenpensionnat als Interne verbruecht.

Den 8. Mee 1948 gouf si mam Gust Goerens vu Schieren bestued, a si kruten 4 Kanner:
- Maria, haut op der Hessemillen bei Eppelduerf
- Charel, haut um Mathgeshaff
- Jeanne, haut zu Zürech
- Alice, haut zu Arthena bei Roum

D'Maya Goerens ass haut stolz Groussmamm vun 8 Enkelkanner am Alter vun 3-31 Joer. Hobbien huet si keng, hirt ganzt Liewen huet ëmmer nëmmen aus Aarbecht bestan. Réischt elo fänkt si mol un bei hir Meedercher an d'Ausland ze reesen.

Och wann si selwer mat Politik net vill um Hutt hat, sou zitt dach d'Politik sech wéi e rouden Fuedem duerch hirt Liewen: hire Grousspapp Johann Metz war Stadtrat zu Euskirchen, hire Papp Emile Hoffmann war Scheffen zu Schieren, hire Mann Gust Goerens war Buurgermeeschter zu Schieren an hire Jong Charel Goerens war Lëtzebuerger Minister.

## Bewer-Glod Josephine



D'Madame Bewer, de Schierener besser bekannt ënnert „Bewesch Finn", as den 10. Mee 1924 zu Klierf op d'Welt komm. Hire Papp war Kantonnier an si hat nach 4 Geschwëster.

Samsdeg den 21.8.1954 huet si sech mam Bewer Franz zu Weicherdang bestued. Well de Franz op der Goodyear geschafft huet hu si sech den Méindeg drop zu Schieren niedergelooss. Fir d'éischt am Haus niewend dem deemolegen Café Eicher, duerno „An Pitteren" (Sachsen Nic.), an vun 1964 un an der Rue des Jardins, am Haus genannt „An Eenen".

De Franz an d'Finn hun zwee Kanner an zwar de Marc an d'Marianne.

Während de Marc Schieren trei blouw ass d'Marianne op Welschend wunne gang. De Claude als eenzegt Enkelkand as dem Finn säin ganze Stolz. De Franz ass d'lescht Joer gestuerwen, an och de Marc huet leider an dësem Januar äis fir ëmmer verlooss.

Mat Zeitunglesen an enger deeglecher Visite bei hiren Fréndinnen am Duerf geet d'Zäit laanscht.

De Réck erlaabt dem Finn nët méi am Gaart ze schaffen mee soss as hat awer nach gutt drop.

## Nickels Mathias

De Nickels Metty gouf den 3.10.1924 zu Béiwen un der Sauer als eelst vu 5 Kanner gebuer. 1927 as d'Famill Nickels op Schieren an d'Huelschéck komm wou säi Papp sech als Wonermeeschter etabléiert huet. De Metty huet no der Primärschoul an der Handwierkerschoul de Schräinerberuff geléiert. D'Ausbildung gouf duerch de Krich ënnerbrach, am Juni 1943 as de Metty an den „Arbeitsdienst" vun der Wehrmacht op Bromberg a Polen komm, duerno Militärausbildung zu Wien a Geschützausbildung zu Puchow an der Slowakei. Den 1. Abrëll 44 koum hien zum Asaz an Italien, an as zu Modena a Gefaangenschaft geroden vum 2. Mee bis den 12 August wou hien nees heem komm as.



Hien huet 1951 d'Meeschterprüfung als Schräiner afgeluecht, an sech dat selwecht Joer den 31. August mam Ketty Roettgers vu Schieren bestued. Aus hirem Bestiednis si 5 Kanner, 2 Meedercher an 3 Jongen ervirgaang, an hien as haut stolze Bopa vu 14 Enkelkanner. De Metty huet sech 1954 selbständeg gemeet an 1959 mat der Leederfabrikatioun a Poelkes ugefaang, d' „Echelles Nickels" sin bis 1985 landeswäit zu engem Begrëff ginn, duerno war Schluss an de Metty huet sech an der Steeënerstrooss zu sénger verdéngter Pensioun néiergelooss. Leider as hien zënter 9 Joër Witmann an geet zënterhir mëttes bei seng Kanner iessen, beschäftegt sech nach regelméisseg a séngem Atelier an ëm d'Haus. Geeschteg fit hält hien sech mat Zeitung liesen a de Neiegkeeten um Fernseh, geet regelméisseg an d'Amiperas an as aktiv an der Schierener Sektioun vun den „Enrôlés de force".

## Meier Henri an Meier-Banz Helena

D'Madame Meier ass den 22. Dezember 1924 zu Bissen op d'Welt komm an den Här Meier den 27 Abrëll dat selwecht Joer zu Biwels (bei Veianen ). Bestued goufen si den 11. Juli 1947 zu Bissen.

Nodeems si bis 1948 zu Biwels gewunnt hun, si se op Bissen geplënnert. Vun 1950 bis 1954 hu si zu Lorentweiler gewunnt an hun dun während 32 Joer zu Wolz gewunnt. Zënter dem 1. Dezember 1986 schliesslech wunne si an der Résidence Blochhausen hei zu Schieren.


Während d'Madame Meier bis zu hirem Bestiedness an der Clinique Ste.Elizabeth an an verschidden Stéit an der Stad geschafft huet, war hiren Mann no verschiddenen aner Plazen zënter 1948 bei der CFL. Vun 1948 bis 1953 war hien am Maschinendepot an der Stad, an duerno ronn 1 Joer op der Gare zu Dummeldéng. Zënter 1954 an bis zu sénger Pensioun den 1. Mee1979 huet hien an der Gare zu Wolz geschafft.

Aus dem Bestiednes sin 2 Kanner erfirgaangen, ee Jong an ee Meedchen. Den Lucien deen haut an England wunnt huet 2 Kanner vun 19 an 21 Joer. Durch d'Distanz mat Letzebuerg kënnen si leider d'Bomi an den Bopi net sou dacks besiche kommen. D'Liliane wunnt mat sénger Famill zu Gousseldéng an seng 2 Kanner sinn och 19 an 21 Joer al, a sinn natiirlech méi dacks zu Schieren op Besuch.

Den Här Meier fiert am Summer immens gär mam Velo a séng Lieblingstiir féeren hien iwwert Kolmer laanscht d'Biertréngerschlass an iwwer Ettelbreck nees op Schieren, oder hien hëllt de Veloswee bis op Dikrech.

Do derniewt sin si allebéid aktiv an der Amiperas an hun och kaum eng Versammlung Mëttwochs verpasst sou lang wéi et d'Gesondheet vun der Madame Meier erlaabt huet.





# VULLENAUSSTELLUNG ZU SCHIEREN




E Sonndeg, 14. November, wor am Festsall zu Schieren déi drëtt Landesmeeschterschaft vun de Vullenziichter. Däss Manifestatioun gouf vun de Vullenziichter mat der Zesummenaarbecht vun der Gemeng organiséiert.

D'Lëtzebuerger „Fédération d'Ornithologie" huet zwar nëmmen e Veräin (Lëtzebuerger Kanarien-Exoten a Papageiefrënn" vu Biereng/Miersch) mais deen zielt 170 Memberen an dovu sin 120 aktiv Vullenziichter.

Bei der dësjähreger Meeschterschaft hu sech zing Aussteller mat am Ganzen 135 Déiere bedeelegt.

D'Vulle goufe vun der Jury a véier Kategorien agedeelt a klasséiert: d'Faarwen, d'Haltung, déi exotesch Vullen an d'Krummschnabelvögel. Gewonn hunn an den eenzelne Kategorien Domingos Goncalves, Mariette Muller, Luis Cachapa an den Armand Berger.

Am Generalklassement (déi fënnef beschtplazéierte Vulle pro Besëtzer) huet de Domingos Goncalves virum Luis Cachapa an Norbert Kugener gewonn.

Nummer eent ënnert all deenen ausgestallte Vullen wor dëst Joer de Biergpapagei (Taranta).

# GENERALVERSAMMLUNG TENNIS CLUB SCHIEREN



„Es war ein gutes Jahr für den Tennisclub" so mag man die Ausführungen des Präsidenten Germain Schmit resümieren, der darüber hinaus stolz war dass man weiter mit 6 Mannschaften an den einzelnen Meisterschaften teilnehmen könne und über den massiven Zuspruch den die Tennisschule bei der Jugend erfährt. Hier dankte er dem anwesenden neuen Trainer Philippe Kons, der massgeblich am Erfolg der Tennisschule beteiligt ist.

Sichtlich zufrieden war er ebenfalls auf die schmucke Beleuchtungsanlage die dieses Jahr von der Gemeinde aufgerichtet worden war und die als letztes Mosaikstück die Gesamtanlage des TC Schieren vervollständigt und er sprach der Gemeindeführung den gebührenden Dank aus.

Romain Goerens trug den Tätigkeitsbericht des Vereins vor und erwähnte dabei sowohl den traditionellen Maetschbal im Januar, das gelungene Trainingscamp in Kroatien während der Osterferien, die erfolgreiche Saison im Mai und Juni als auch das sehr gut besetzte Turnier Marcel Nilles .

Kassierer Guy Berwick berichtete über die Kassenlage die in Folge der hohen Trainerkosten zum zweiten Male in Folge mit einem Defizit endet und wies darauf hin dass weiteres Sparen angesagt ist und der Verein auch nicht daran vorbei kommt die Beiträge zu erhöhen.

Auf Vorschlag der Kassenprüfer Franz Elcheroth und Romain Kemp erhielt der Kassierer Entlastung.

Claude Goerens trug den Bericht der Sportskommission vor und vergass auch nicht die exzellente tagtägliche Arbeit unseres Platzwartes Rudi Bewer zu erwähnen der dafür sorgte dass sich die Spielfelder die ganze Saison über in perfektem Zustand befanden.

Zum Abschluss der gutbesuchten Generalversammlung sprach der Bürgermeister das Schlusswort.

Guy Berwick



# DEN ZINNEKLOS BEI DE SCHIERENER KANNER

Samsdes de 4. Dezember hat d'Schierener Musék op e neits mat der Ënnerstëtzung vun der Gemeng den Kleeschen bei déi gutt a brav Kanner op Schieren bestallt. Zouverléisseg wéi ëmmer huet de Kleeschen pénktlech ëm dräi Auer mat séngem schwaarze Gesell ënnert der Melodie vum Léiwe Kleeschen de gutt gefëllte Festsall betratt an hunn op der Bühn niewent dem Buergermeeschter an de Scheffen Plaz geholl.

D'Schoulkanner hunn ënnert der Leedung vum Schoulmeeschter Jos Kempa ee flotte Potpourri vu Nikloslidder virgedroen. De Kleeschen an den Housecker hu ganz intresséiert nogelauschtert, den Housecker war soubal hien ernimmt gouf um Dill an huet munech Rudden ausgedeelt. Zum Schluss sinn d'Kanner virum Kleeschen laanscht defiléiert a kruten hir verdéngten Tietchen iwwerreecht. D'Musek huet iwwerdeems mam Niklosmarsch an e puer weidere Märsch fir de musekaleschen Encadrement gesuergt.







*Fotoen: Nickels Jang*

# GENERALVERSAMMLUNG VUN DER SCHIRENER MUSEK

Samsdes den 27. November hat d'SCHIRENER MUSEK op hir 58. statutaresch Generalversammlung invitéiert. An engem gutt gefëllte Sall huet de President Jean Nickels pénktlech ëm 18 Auer mat der Versammlung ugefaang an huet allen Uwiesenden merci gesot fir hiert Kommen. Ënnert hinnen de Minister Charel Goerens, de Paschtouer Romain Gillen, den Buergermeeschter Jos Lutgen, Vertrieder vum Scheffen a Gemengerot, den UGDA-Vertrieder Jos Heintz, Vertrieder vun den Duerfveräiner, Memberen a Frënn vun der Schirener Musek.

De President huet als éischt déi obligatoresch Mercien ausgeschwat, huet virun allem bei der Gemengeverwaltung merci gesot fir déi finanziell wéi och materiell Ënnerstëtzung, awer och alle Sponsoren a Gönner, an zu gudder lescht den aktiven Musikantinnen a Musikanten an de Memberen aus dem Comité fir hiren Asaz am vergaangene Joër am Déngscht vun der Musek.

Mat Zefriddenheet huet de President duerno dat vergaangent Joer Revue passéire gelooss. D'Haaptorganisatiounen vum Joër 2004 waren:

de Gala-Concert vum 18. Januar, ënnert dem Motto „BRAZIL", mat Optrëtter vum Danzgrupp „Sam Brazil", viru ronn 800 Nolauschterer war e vollen Erfolleg. De 7. Februar haten eis Musek d'Geleeënheet de Gala-Concert eng zweete Kéier opzeféieren an dat am Kader vun der 100 Joër-Feier vun der Konsdrëffer Musek. Den Dagesflug op Munzen an d'Robbesschéier, weider den Zigeinerbal, den Hämmelsmarsch an d'Summerfest.

Weider as hien op déi méi oder manner erfreelech Eregnisser vum vergaangene Joër agaang, Sou hu mir de Verloscht vun engem wertvolle Musikant nämlech dem Günter Daniel, deen eis den 2. Mäerz fir ëmmer verlooss huet an huet d'Versammlung zu enger Gedenkminut opgeruff.

Nei an d'Musek koumen de Paulo Macela, Saxophone, Julien Kemp, Percussioun, Laurence Becker, Clarinette.

Weider konnt de President erfreelech matdeelen dass de Sekretär Raymond Storn, deen an der leschter Versammlung säi Récktrëtt ugekennegt hat, weidermecht, hien gett a senger Fonktioun assistéiert vum Marc Garson.

Et war dunn um Jugendensembel déi a Neibesetzung hier éischt musekalesch Kenntnisser konnten ënner Beweis stellen ënnert der Leedung vum Marc Garson a Joe Kayser.

De Sekretär Raymond Storn huet a sengem detailléierte Rapport 26 verschidden Aktivitéiten, ënner anerem 10 Concertën, 48 Prouwen, an 10 Comitéssëtzungen zréckbehal.

De Keessebericht vum Jules Wagener huet dëst Joer e Mali virgewisen, wat allerdéngs nit als besuergnesereegend ze bezeechnen as. Stellvertriedend fir d'Keesskontrolleren huet de Marc Hilger dem Jules Wagener seng exemplaresch Konteféierung kommentéiert an huet d'Versammlung gebieden, dem Keessjee Entlaaschtung z'erdeelen.

Fir hiren onentgeldlechen Asaz am Jugendensembel goufen de Sigi an de Joe mat engem klenge Cadeau gewierdegt.

Folgend Musikantinnen konnten aus den Hänn vum UGDA-Vertrieder Jos Heinz a Charel Goerens dekoréiert:

| | |
|---|---|
| Insigne: | Da Costa Martins Pedro,<br>Jacoby Georges,<br>Martins Fernando,<br>Neu Laurent,<br>Pauwels Jennifer,<br>Thill Laura,<br>Weinquin Denis |
| Bronzemedail: | Neumann-Esser Andrée,<br>Schmit Pierre |
| Selwermadaille: | Nols Luc |

Vermeil mat Palmetten: Arg G. D. Adolphe: Hendriks Martin.

Nodeems den UGDA-Vertrieder Jos Heinz d'Gléckwënsch hirerseits iwwerbruecht hat, war et um Charel Goerens fir d'Schlusswuert un d'Versammlung ze riichten.

Um Enn vun der Versammlung huet de President all Uwiesend op e Patt invitéiert, offréiert vum Martin Hendriks. Nom Apéro war Banquet op der Gare zu Medernach ugesot.

De Comité vun der Schirener Musek setzt sech zesummen: President: Jean Nickels, Vizepresident: Ed Schenten, Sekretär: Storn Raymond, Hellefskretär: Marc Garson, Keessjee: Jules Wagener, Memberen: Gusty Feinen, Robert Hanff, Martin Hendricks, Alfred Kayser, Joe Kayser, Fränk Meyer, Aloyse Nickels, Guy Nickels, Raoul Origer, Camille Pletschette.

| | |
|---|---|
| Éierepresident: | Jean Thill, |
| Éierevizepresident: | Pierre Feinen, |
| Archivar: | Ady Kugner. |

# F.C JEUNESSE SCHIEREN

## Das Ende des Tunnels?

Zum ersten Mal seit langer Zeit sieht die sportliche Zukunft des F.C wieder zuversichtlicher aus.

Nach der Hinrunde überwintert man in der Tat auf dem 1ten Platz. Allerdings ist der fest geplante sofortige Wiederaufstieg noch nicht unter Dach und Fach. Einige zähe Konkurrenten wie Ell, Vianden und Norden 02 lassen sich nicht einfach abschütteln.

Dabei sah es zu Beginn der Meisterschaft noch nach einem unangefochtenen Alleingang aus.

Sieg nach Sieg wurde mehr oder wenig ungefährdet eingefahren, ja es gab sogar Kantersiege gegen Clerf (9-0) und Norden 02 (7-0) zu verzeichnen.

Nach 7 Spieltagen war, rekordverdächtig für den Luxemburger Fußball, immer noch kein Gegentor kassiert worden.

Als im Heimspiel gegen Bourscheid die Gästestürmer zum ersten Mal nach 10 Minuten unser Tor trafen war man fast froh darüber, dass der Druck, immer zu null gewinnen müssen vorbei war.

Dass die Mannschaft mit diesem Tor später auch die erste Niederlage verzeichnen würde konnte man zu diesem Zeitpunkt nicht erahnen. Nach 90 Minuten standen wir als Verlierer fest! (2-3)

Einen weiteren Punktverlust gab es in Bissen zu verzeichnen. Dabei lagen wir bis einige Minuten vor Schluss noch mit 0-1 im Hintertreffen.

Am darauffolgenden Sonntag gab es einen glanzvollen 4-1 gegen den punktgleichen Co-Spitzenreiter Vianden zu verzeichnen. Es war das mit Abstand beste Spiel der Mannschaft in der laufenden Saison und mit 4-1 war Vianden noch gut bedient.

Wahrscheinlich hatten einige klare Worte des Präsidenten für einen Sinneswandel gesorgt.

Selten sah man in der Tat ein derartiges kollektives Spiel. Endlich war aus hervorragenden Einzelspielern auch ein Team geworden.

Am letzten Spieltag der Hinrunde ging es erneut gegen einen Mitkonkurrenten für den Aufstieg. In Ell gab es nach großem und fairem Kampf beider Mannschaften ein 2-2. Dabei lagen wir nach 60 Minuten noch 2-0 vorn und waren uns des Sieges sicher. Fairnesshalber muss man eingestehen, dass Ell das Gleichspiel mehr als verdient hatte. Zu erwähnen war, dass über 250 Zuschauer dem Spiel beiwohnten. Manche Kassierer aus Nationaldivisionsvereinen werden dabei sicher neidisch werden.

Mit einem Punktverhältnis von 32-7 und einem Torverhältnis von 46-8 beträgt der Vorsprung 2 Punkte auf Ell, 4 Punkte auf Vianden und 5 Punkte auf Norden 02. Die 2 Aufsteiger werden sicher unter diesen 4 Mannschaften zu finden sein.

Das Torverhältnis ist übrigens das Beste aller luxemburgischen ersten Fußball Mannschaften.

Falls die Mannschaft den in den letzten Spielen gezeigten Mannschaftsgeist beibehält sollte der Wiederaufstieg gelingen. Es gilt insbesondere keine Punkte leichtfertig gegen Mannschaften aus dem unteren Tabellenfeld zu verlieren. Positiv ist noch zu vermelden, dass 2 Jugendspieler (Ben Zeimes und Johny Da Cruz) sich als Stammspieler etabliert haben.




***SAISON 2004-2005 – 2. DIVISION – MOIS D'OCTOBRE***

***3. Rei:*** *TAVARES Ramiro – DA CRUZ Jony – SCHROEDER Carlo (Co-Trainer) – DA COSTA Patrick – PENEDA Rui – GONCALVES Carlos*

***2. Rei:*** *LUTGEN Jos (President) – DJADJEV Atanas (Kiné) – SCHARTZ Pit- SCHMITZ Marc (Captain) – RICHTER Aloyse – BERTEMES Mike – ZEIMES Ben – KANDELS Claude – BERTEMES Marcel (Sec.tech.) – ZEIMES Jos (Caissier)*

***1. Rei:*** *ARAUJO Cristiano – SCHMIT Claude – STANKOVIC Goran – BRAUN Norbert (Trainer) – FONSECA RODRIGUES Sergio – DA SILVA GOMES Claudio – SCHWEITZER Dan*

**TABELLE NACH DER VORRUNDE**

| | | |
|---|---|---|
| SCHIEREN | 46:8 | 32 |
| ELL | 31:18 | 30 |
| VIANDEN | 43:17 | 28 |
| NORDEN 02 | 23:17 | 27 |
| BERD./CONSD. | 35:12 | 25 |
| BOURSCHEID | 32:25 | 24 |
| BISSEN | 42:21 | 20 |
| PRATZ./RED. | 31:34 | 19 |
| PERLE | 15:42 | 12 |
| MEDERNACH | 17:32 | 11 |
| BOEWINGEN | 16:26 | 10 |
| CHRISTNACH | 23:33 | 9 |
| HEIDERSCHEID | 10:32 | 8 |
| CLERF | 10:57 | 2 |

# CHRËSCHTFEIER MAT SCHECKIWWERREECHUNG BEI „LIEWEN DOBAUSSEN"

Méindes den 18. Dezember hat d'Associatioun „Liewen Dobaussen" op hir dësjeeërlech Chrëschtfeier invitéiert, déi am Neie Sall vun der Gemeng Schieren ofgehale gouf. Den Direktiounsbeoptragten Roger Zanter huet all Uwiesend häerzlech wëllkomm geheescht, ënnert hinnen de Buergermeeschter Jos Lutgen, Noperen vun de Wunnstrukturen, d'Memberen vum Verwaltungsrot, benevol Mataarbechter, an awer ganz besonnesch déi fir déi dës Feier organiséiert gëtt, nämlech d'Bewunner aus de Foyerën Schieren, Ettelbréck, Dikrech an der Fiels, Familljen a fréier Bewunner. Den Här Zanter huet sech bei der Gemeng bedankt fir dat problemlost zur Verfügung stellen vum Sall, an huet allen e gudden Appetit an e puer gemittlech Stonnen an enger Virchrëschtdagsstëmmung gewënscht.

Besonnesch erfreelech dëst Joer war déi véiert Scheckiwwerreechung vum Jean Jungblut. De Jean Jungblut ee besiessene Laangleefer huet sech viru 6 Joer zum Zil gesat de Spa-Marathon zu Echternach ze lafen fir ee gudden Zweck. Mam Gedanken ee Publi-reportage am Lëtzebuerger Wort ze maachen, mat der immenser Iddi e Pätter oder eng Giedel fir all km ze sichen, an de gesamten Erléis der Asbl „Liewen Dobaussen" zoukommen ze loossen.

Den Här Jungblut huet bei der Iwwerreechung vum Scheck un de President Jean Feith mat der stolzer Zomm vun 3.850 € humorvoll drop higewisen dass seng Zäiten mat de Joren zwar ofhuelen, duergéint d'Donën awer vu Kéier zu Kéier méi héich ausfalen.


Bei engem räichhaltege Buffet aus der Kantine vum „Atelier thérapeutique du Nord" aus der Industriezon gong dës Chrëschtfeier gemittlech zu Enn.

D'Aktivitéiten vu „Liewen Dobaussen" kënnt dir am Louis Nr 5 vum Abrëll 2002 noliesen.

CP







# POULETSFEST, BÄRBELENDAG A CHRËSCHTFEIER

Et ass an der Tëschenzäit zu enger Traditioun ginn: de Weekend virun der Schoulrentrée ass zu Schieren an a ronderëm de Pompjeesbau d'Pouletsfest, dat all Kéiers vun de Pompjeeën organiséiert gëtt.

Bei schéinem a sonnege Wieder hu sech och dëst Joer rëm vill Leit zu Schieren afonnt. Nit nëmme Schierener Duerfleit mais och Vertrieder vun den anere Pompjeescorpsen, Frënn vun de Schierener Pompjeeën an nach aner Gäscht woren e Sonndeg, den 12. September, um Rendez-vous.

Ugefaang huet d'Pouletsfest mat engem Concert-Apéritif vun der Schirener Musek. Uschléissend goufen déi lecker Pouletsën mat gebotsche Gromperen an Zalot zerwéiert. Duerno hunn de Kaffi an d'Taart nit dierfe feelen.

Nom Iesse gouf natierlech fir Animatioun fir Grouss a Kleng gesuergt a sou wor dësen Dag fir jiddereen ee groussen Erfolleg.

Ufank Dezember gëtt un d'Patréinesch vun de Pompjeeën, der Helleger Barbara geduecht. Mat enger Mass an der Schierener Porkierch fir all liewend a verstuerwe Pompjeeën huet deen Dag e Sonndeg, de 5. Dezember, ugefaang. No der Mass ass ët op Ettelbréck gang, wou d'Iessen an der Auberge de la Gare zerwéiert gouf. Bei dëser Geleeënheet huet de Pompjeeskommandant Aly Lamborelle senger Ekipp Merci gesot fir déi gudd a komerodschaftlech Zesummenaarbecht am Dingscht vun de Bierger an am Veräin selwer.

E Samsdeg, den 11. Dezember, sin e puer Pompjeeën aus dem Schierener Corps zu Colmer-Bierg geéiert ginn an dat a Präsenz vum Inneminister Jean-Marie Halsdorf, dem Nationalpräsident vun der Pompjeesfederatioun Jean-Pierre Hein an dem éischte Regierungsrot Jean-Paul Conzemius. Hirt gëllen Ofzeechen am Wëssenstest bei de Jugendpompjeeë kruuten d'Tessy Mossong an de Joé Berwick während de Patrick Humbert den BT-2-Diplom iwwerreecht kruut.

Den Dag drop wor am neie Festsall d'Chrëschtfeier. Nom Mëttegiessen huet den „Ensemble Park Percussion" vun Housen mat hirem Optrëtt fir déi passend Chrëschtdags-Ambience gesuergt. Am éischten Deel vum Programm stunge Chrëschtlidder aus dem englesch-sproochegem Raum an duerno goufe méi a manner bekannte Wierker virgedroen. Datt dat hinne gutt gelongen ass, huet zum Schluss den Applaus vum Publique bewisen. Zum Ofschloss vun der Chrëschtfeier gouf nach eng grouss Tombola gezunn an eng Feierstengszalot an Hameschmier zerwéiert.

D'Schierener Pompjeeë soë jidderengem vun Häerzem Merci fir déi villfälteg Ennerstëtzung, déi si am Laaf vum vergaangene Joer kritt hunn.




1 *Pouletsfest*
2 *Bärbelendag*
3 *Chrëschtfeier*





# WIE FUNKTIONIERT BASEBALL?




*Feldpositionen: 1 pitcher, 2 catcher, 3 first baseman, 4 second baseman, 5 third baseman, 6 shortstop, 7 leftfielder, 8 centerfielder, 9 rightfielder*


Beim Baseball stehen sich zwei neunköpfige Teams gegenüber, die im Wechsel Feld- (defense) und Schlagmannschaft (offense) bilden. Die Aufgabe der Schlagmannschaft besteht darin, den Ball ins Feld zu schlagen und daraufhin über die drei „bases" zurück zur „homebase" zu laufen. Eine vollendete Runde ist ein „run" und zählt einen Punkt. Schafft es ein Schlagmann, den Ball über die Spielfelbegrenzung hinaus zu schlagen, nennt man dies einen „homerun" und er, sowie jeder auf base befindliche Spieler darf seine Runde beenden (ein homerun mit drei geladenen bases nennt man „grand slam" und bringt also vier Punkte).

Die Schlagmannschaft verliert ihr Schlagrecht, und damit die Möglichkeit zu punkten, wenn drei Spieler „out" sind. Das Team muss dann in die Feldverteidigung und seinerseits versuchen drei Spieler out zu machen.

Die vier geläufigsten Möglichkeiten hierzu sind:


- Fangen des Balles aus der Luft (fly out).
- Berühren des Läufers (runner) mit dem Ball in der Hand, während der sich gerade zwischen zwei bases befindet (tag play).
- Ist ein Läufer durch ein „forced play" gezwungen, zur nächsten base zu laufen, kann der Feldspieler – falls er im Ballbesitz ist – durch das berühren der angelaufenen base den Läufer out machen (base tag). Zwei Grundregeln sind für ein forced play verantwortlich: Nach einem gültigen Schlag muss der Schlagmann (batter) zur ersten base laufen und gleichzeitig dürfen nie zwei Läufer auf einer base stehen.
- Das „strike out". Werden drei „strikes" vom Schiedsrichter (umpire) gegen einen Schlagmann gewertet, ist er damit out. Ein strike ist erstens: Jeder Ball der durch die „strike zone" geht und nicht geschlagen wird. Diese Zone ist der Bereich zwischen Ellbogen und Knie des Schlagmannes (Höhe) sowie Breite der homebase (41cm). Zweitens: jeder Ball nachdem der Schlagmann schwingt und verfehlt.


Falls der Schlagmann den Ball zwar berührt, ihn jedoch nicht ins Spielfeld (fair territory) dirigieren kann, wird dieser Versuch als strike gezählt wenn der Schlagmann nicht mit zwei strikes vorbelastet ist. Ein sogenannter „foulball" kann allerdings nicht zu einem out des Schlagmannes führen.



*strike zone* *strike* *ball*

Wenn der Werfer (pitcher) die strike zone verfehlt und der Schlagmann auch nicht nach dem Wurf (pitch) schwingt, nennt man dies „ball". Serviert der Werfer dem Schlagmann vier balls, so bekommt dieser einen Freilauf (walk) zur ersten base zugesprochen. Würze kommt ins Spiel, wenn ein Läufer versucht eine base zu stehlen (steal), denn der Läufer darf nicht nur nach einem gültigen Schlag des Schlagmannes loslaufen... sondern jederzeit.



*Versuch eines steal*

## Baseball in Luxemburg



Erste inoffizielle Spiele in Luxemburg gab es nach bestem Wissen bereits 1990. Ausgehend von den Schieren Athletics, entstanden ebenfalls die Diekirch Indians und ein Jahr später die Bettendorf Yankees. Trotz zahlreicher Probleme, schaffte es diese kleine Gruppe immerhin 5 Jahre lang, in regelmässigen Abständen Spiele zu organisieren, bis sich bei fortschreitendem Alter der Beteiligten, die Verantwortlichen aus den Augen verloren.

Baseball in Luxemburg gibt es offiziell seit der Saison 2003, wo die Statuten der FBL (Fédération du Baseball Luxembourgeois) beim COSL eingereicht wurden. Die ersten beiden Teams waren die Beckerich Hedgehogs und die Dudelange Firebirds, die den Luxemburger Meister 2003 unter sich ausmachten... mit dem besseren Ende für Beckerich (4-0). 2004 kamen dann die Schieren Cowboys hinzu, sowie das Team West, zweites Team aus Beckerich. Nach einer akzeptablen ersten Saison verloren die Cowboys im Halbfinale (best of three) trotz einer 1-0 Führung mit 1-2 gegen das Team West...welches in den finals dann mit 4-0 unterging und wiederum hiess der Meister Beckerich Hedgehogs.

Für die Saison 2005 sind bis jetzt 6 Teams gemeldet: Beckerich Hedgehogs, Dudelange Firebirds, Schieren Cowboys und die beiden neuen Teams Diekirch Donkeys und Junglinster Wolves, dazu kommt noch ein deutsches Team, die Saarbrücken River Bandits.

Gespielt werden in der kommenden Saison in Luxemburg 6 Durchgänge (innings), was einer Spieldauer von etwa zweieinhalb bis drei Stunden entspricht. Ein inning ist vorbei, wenn jedes Team einmal im Feld und einmal am Schlag war. Da es aber kein unentschieden beim Baseball gibt und bei Gleichstand „extrainnings" bis zur Entscheidung angehängt werden, sind Spiele von bis zu vier Stunden durchaus möglich.

Das Spielfeld (Baseballdiamond) hat zwei im 90° Winkel auseinanderlaufende Seiten, die sogenannten „baselines" (homebase in Richtung 1st base und homebase in Richtung 3rd base), mit einer Länge von minimum 76 Metern. Die Entfernung zwischen zwei bases beträgt 27 Meter, und die Distanz zwischen dem Werfer und der homebase liegt bei 18,45 Meter. Diese Form macht es auch so schwierig, ein geeignetes Spielfeld zu finden, da ein Fussballfeld zb. an der kurzen Seite nur etwa 60 Meter misst... wir sind jedoch zuversichtlich dass die Bemühungen der Gemeinde, ein geeignetes Spielfeld für uns zu finden belohnt werden.

Die kommende Saison die 24 Spiele umfasst (regular season), startet am 17. April 2005 und die „finals", wo die beiden erstplatzierten Teams der regular season in einem „best of five" Modus aufeinandertreffen, beginnen am Wochenende des 17. September. Das Frühjahrstraining (spring training) beginnt für die Cowboys am 26. Februar. Mitte der Saison wird es auch 2005 wieder ein All-Star Game geben, wo die besten Spieler mit ausländischer Lizenz gegen die besten einheimischen Spieler antreten werden und bei dem die besten Schlagmänner auch wieder beim Homerun-Derby gegeneinander antreten werden... wo drei Cowboys-Spieler noch eine Rechnung vom letzten Jahr zu begleichen haben!

Cowboys



*Schieren Athletics 1993:*
*Arede Luis, Schmitz Luc, Lutgen Alain, Nols Tom*
*knieend:*
*DiCato Alain, Schmitz Marc, Lutgen Laurent, Schartz Pit, Gengler Dan*



*Schieren Cowboys 2004:*
*Lutgen Alain, Assel Pol, Lutgen Laurent, Hoffmann Gerry, Schmitz Gilles*
*knieend:*
*Pletschette Claude, Weimerskirch Luc, Wolff Rick, Pletschette Max, Biver Mike*

## COWBOYS TEAM ROSTER 2005

| | Name | Vorname | N° | geboren | Laufbahn im Baseball |
|---|---|---|---|---|---|
| 1 | Assel | Pol | 56 | 26.06.1978 | Bettendorf Yankees 1993-1996, Schieren Cowboys ab 2004 |
| 2 | Biver | Mike | 69 | 11.05.1981 | Schieren Cowboys ab 2004 |
| 3 | Bosseler | Jessica | 23 | 23.09.1985 | Schieren Cowboys ab 2005 |
| 4 | Hoffmann | Gerry | 88 | 16.02.1975 | Schieren Cowboys ab 2004 |
| 5 | Junker | Dave | 5 | 04.04.1979 | Diekirch Indians 1992-1996, Schieren Cowboys ab 2004 |
| 6 | Junker | Ted | 0 | 04.04.1979 | Diekirch Indians 1992-1996, Schieren Cowboys ab 2004 |
| 7 | Lutgen | Alain | 9 | 16.04.1976 | Schieren Athletics 1990-1996, Schieren Cowboys ab 2004 |
| 8 | Lutgen | Laurent | 7 | 13.08.1979 | Schieren Athletics 1990-1996, Schieren Cowboys ab 2004 |
| 9 | Pletschette | Claude | 19 | 13.11.1969 | Schieren Cowboys ab 2004 |
| 10 | Pletschette | Max | 82 | 13.07.1982 | Schieren Athletics 1996, Schieren Cowboys ab 2004 |
| 11 | Schartz | Pit | 35 | 02.12.1981 | Schieren Athletics 1993-1996, Schieren Cowboys ab 2004 |
| 12 | Schmitz | Gilles | 28 | 28.09.1976 | Schieren Cowboys ab 2004 |
| 13 | Wagener | Jang | 21 | 16.06.1983 | Schieren Cowboys ab 2004 |
| 14 | Weimerskirch | Luc | 55 | 08.11.1974 | Schieren Cowboys ab 2004 |
| 15 | Wolff | Rick | 77 | 22.11.1983 | Schieren Cowboys ab 2004 |

# CHRËSCHTFEIER VUN DE FRAEN A MAMMEN

Eis Chrëschtfeier huet dëst Joer sonndes, de 5. Dezember mat enger Familljemass fir all Membere vun de „Fraen a Mammen" ugefaang. Den Här Paschtouer R. Gillen huet den onnermittlechen Asatz vun de Fraen a Mammen an der Familljen an och an hirem karitative Schaffen ervirgehuewen.

Dënsdes, de 7. Dezember war am neie Festsall déi traditionell Chrëschtfeier fir eis Memberen. Als Inviteeën waren dëst Joer derbäi:

De Pater Birsens sj. „Hëllef fir de Cambodge" an

D'Vertrieder vun der ALPAPS „Sport mat Suergekanner"

D'Madame Heintz, eis Vizepräsidentin, huet bei dëser Geleeënheet all Memberen an Inviteeën begréisst. Besonnech frou war si, datt eng Reih vun neie Memberen un dëser Feier deelgeholl hunn. Si huet hinnen allen e schéinen Owend gewënscht. Beim uschléissendem Nuetsiessen huet eis Kächen hirer Kachkonscht all Éier gemaach.

D'Präsidentin an d'Caissière hunn dem Pater Birsens an dem Här Felten je e Chèque vun 2500 Euro iwwerreecht. Dës Suen staamen aus dem Erléis vum Basar, de mir Pällemsonndeg 2004 ofgehalen haten.

De Pater Birsens an den Här Felten hu merci gesoot fir de schéine Geste an hun hir Organisatioun virgestallt. Si hu festgestallt, datt ouni den Asatz an d'Ennerstëtzung vun de Veräiner a Form vum Bénévolat hir Organisatiounen net bestoe könnten.

Als Ofschloss huet all Member an all Invité ée Cado iwwerreecht kritt.

## Glühwäin de 24. Dezember 2004

Et ass schons bal eng Traditioun ginn, dat d'Fraen a Mammen op Hellegowend Glühwäin offréieren.

D'Wieder huet op dëse 24. Dezember guer net bei Chrëschtdag gepasst; et war vill ze waarm an et huet kräfteg gereent.

Ganz vill Leit hun un de feierlecher Chrëschtmetten deelgeholl.

No der Mass konnten d'Leit de Glühwäin, deen no eegenem Rezept hiergestallt war, schmaachen. Bei dem miese Wieder huet den Dronk geschmaacht, zemol well zusätzlech nach Chrëschtstollen ugebueden gouf.

An enger Spendekëscht hu mir gesammelt fir d'Kannerland um Lampertsbierg.

# GAART AN HEEM SCHIEREN

## 18.September 2004

### 6 Zenner Quetschekraut a 40 Quetschentaarten…

Eist éischt Quetschefest war ee vollen Erfolleg.

Moies gung et mat gudder Zäit lass mat Opriichten, Holz erbäischleefen a Feier maan. De Péitrus haat ët gutt mat eis gemengt. D`Wieder konnt net besser sin.



Soubaal wéi d'Feier gebrannt huet, koumen di éischt Quetschen an dee grousse Kofferkessel. Den Tun war zoustänneg fir d'Réieren an dat huet heen och mat vill Äifer dee ganzen Daag iwwer gemaach. De Rob huet an deem klenge Kessel, wou 25 kg dra ginn, de ganzen Dag iwwer Quetschekraut gekacht.



Am Ganzen hu mer 6 Zenner Quetschekraut gekacht, dovuner eleng samsdes 4 Zenner.

D'Schoulkanner mat hire Schoulmeeschteren a Léierinnen waren eiser Invitatioun nokomm. Pünktlech ëm 8 Auer war déi éischt Klass do. Eisem President séng Begeeschterung ass op d'Kanner iwwergesprong a si hu ganz interesséiert nogelauschtert wéi de Jos d'Quetsch erklärt huet: Wat ass d'Quetsch? Wou wiist se? Waat kann een alles domat maan? Wou ass de Quetschebierg hei zu Schieren?

D'Kanner konnten d'Quetschekraut oder d'Quetschentaart schmaachen. Fir den Duuscht war och gesuergt.

Géint 10 Auer koumen och schons déi éischt Leit, fir Quetschekraut a Quetschentaart ze kaafen.

Am fréie Nomëtteg waren eis Taarten, mir haaten der iwwer 40, all fort.

Vun dëser Plaz aus nach emol en décke Merci un all déi Dammen, déi eis spontan eng oder och méi Taarte gebak hun, an net ze vergiessen, all déi éifreg Hänn déi eis de ganzen Dag iwer gehollef hun.



**Et ass nach Quetschekraut ze kréien**
**a Glieser vu 650 ml, 500 ml, oder 440 ml.**

*Rufft un beim Bertemes Gréitchen um Telefon 81 83 06.*

*De Komittee vum Gaart an Heem Schieren*
*wënscht all sënge Membere*
*vill Glëck am Joer 2005,*
*eng stabil Gesondheet a*
*vill Freed an Erfolleg am Gaart.*

## 11. Dezember 2004
## Generalversammlung

D'Generalversammlung war guttbesicht.

De President huet d'Leit wëllkomm geheescht. No enger Gedenkminut fir déi verstuerwen Memberen, dorënner eise fréiere President a Sekretär, den Här Metty KUGNER, huet de Sekretär e Réckbléck vum Joer 2004 gemaach an a kuerze Wierder de Programm vum nächste Joer matgedeelt. De Käessier huet zefridden festgestallt, dätt de Veräin, op en elo kleng oder grouss ass, dëst Joer ganz positiv konnt ofschléissen. D'Tombola gouf gezunn an mir hun zesummen gemittlech e Patt geholl.



Här Metty KUGNER

# E MERCI VUM GAART AN HEEM SCHIEREN

Der französische Schriftsteller Octave Feuillet schreibt am Ende eines Romanes: „Heurex ceux qui n'ont pas d'histoire". Metty Kugner war einer von ihnen.

Geboren wurde Metty Kugner am 20.10.1929 als ältester von zwei Söhnen in einer tiefchristlichen Familie. Nach Abschluss der Primärschule in Schieren beim Lehrer Antoine Bourkel und seiner Lyzeumzeit in Diekirch besuchte er die Industrieschule auf dem Limpertsberg und schloss seine Studien in der Sektion „moderne" erfolgreich ab.

Nach seiner sechsmonatigen Armeezeit in Walferdingen trat er 1953 als Beamter in die Wetterstation auf dem Findel mit seinem Schulkameraden Alex Kessler, der sein Vorgesetzter war, ein.In Schieren nannte man Ihn des öfteren „de Wiedermett" und er trat nach 36 Dienstjahren in den Ruhestand.

Metty liebte die Gesellschaft, lange Jahre war er im Vorstand des FC. Jeunesse Schieren, sein grösstes Hobby war aber die Gartenarbeit. Er trat 1967 in den Vorstand des „Garten und Heim Schieren" bei und war bis 1983 Sekretär der Sektion. Ab 1985 war er Vizepräsident und im Jahre 1985 übernahm er bis 1990 den Präsidentenposten der rund 240 Mitglieder starken Sektion.

Am 19. November 2004 war die zum Seelenamt gefüllte Pfarrkirche, in der er lange Jahre Messdiener war, sicherlich die beste Beileidskundgebung für die trauernde Familie eines Mannes der seine Verdienste nur dadurch erwarb dass er sich stets bereitwilligst in den Dienst der Mitmenschen stellte, wenn er angesprochen wurde.

Seine Freunde vom „Gaart an Heem" danken Ihm für alles was er für den „Pôretteclub" und sein Heimatdorf Schieren getan hat. Monni Metty wird wohl beim höchsten Richter reichlich Belohnung finden für seine Mühen und Arbeiten, Leiden und Opfer. Der Glaube an die Auferstehung der auch Monni Metty beseelte soll ihnen Trost und Hoffnung sein.

Garten und Heim

Sektion Schieren

Tony Nickels

# 30 JOER AMIPERAS SCHIEREN.

Wien hätt dat geduecht!

Schon 30 Joer sinn et hir, datt zu Schieren eng Sektioun vun der Amiperas gegrënnt gouf. A well en esou Fester soll feieren, huet de Comité dat och mat ganz vill Memberen an Donateuren am Kader vun der Journée du Grand-Age de 17. Oktober gemaach. (85 Leit am Sall)



Samsdes Owes huet den Här Paschtouer Wiseler eng Mass gehal, fir eis am leschte Joer verstuerwe Memberen: Bewer François, Zimmer Léonie, Hengen Carlo, Blasius Jempy, Faber Nicole, a Brandenburger Anne.

De Gesank huet ënner aanerem d'Sturmwinde gesongen, wat bei ville Leit op d'Tréinendrüsen dréckt. Villmols Merci fir hire schéine Gesank.

Nom Schampes huet eise Präsident d'Leit begréisst an eng kleng Retrospektive gehal iwer déi lescht 30 Joer. Duerno ass vun eiser Kichenéquipe e Menu zerwéiert gin, wéi en en nët besser am Restaurant fënt.

Eng gutt Zëppchen aus engem groussen Dëppen, Kallefsmignon mat zwou Saucen, Kroketten a Geméiss an duerno eng herrlech Glace garnéiert fir déi Séiss.

De Gebuertsdagskuch huet dat Ganzt ofgerënnt.




Um 15.00 Auer as dunn eppes fir eis Kultur gemaach gin. D'Bänkelsänger vun Ettelbréck hun e lëschtege Programm präsentéiert, mat Lidder a Sketcher wou d'Zäit kengem laang ginn ass.

An der Paus sin déi eelst Memberen, déi am Sall waren, geéiert ginn:

**Fir 85 Joer**
Wagner Marie,
Floener Margot a
Baus Raymond.



**Fir 75 Joer**
Bartholmé Marechen,
Duschang Beby a
Kirsch Jeanne.



**Fir 88 Joer**
Petry Pierre

**Fir 89 Joer**
Michels Elisabeth



**Fir 80 Joer**
Meier Helène,
Meier Henry a
Nickels Metty.



Si sin alleguer mat engem Blummenarrangement beschenkt ginn.

Vun denen 11 Memberen, déi schon 30 Joer Member sin, waren der leider nëmmen 3 derbäi, fir mat eis zesummen ze feieren.

Fir dat Ganzt ofzeschléissen huet och nach jiddereen eng Fläsch Gebuertsdagsschampes mat heem kritt.

## CHRËSCHTFEIER 2004

De 15. Dezember war nees Chrëschtfeier ugesot.

An eiser Këscht vun der Sammelaktioun 2004 ware 450. -€.

Eise porte-ouverte-Klienten e grousse Merci, well dat Meescht gëtt do gesammelt!

Och fir d'Tombola haten eis Memberen nees ganz gutt spendéiert.

Ët ass jo fir e gutt Wierk, fir déi autistesch Kanner. Wat dat genee fir eng Krankheet ass, huet den Här Schmit eis erklärt. Als Papp vun engem autistesche Kand wees hie vu wat hie schwätzt, an hien a seng Madame ware ganz frou iwer den Don vun 1000. - € déi si vum Comité iwerreecht kritt hun.

E Glas Schampes, een Teller Zopp, Feiersténgszalot, gebrode Gromperen an Zalot an eng Taass Kaffi mat der schon traditioneller Bûche hu gutt geschmaacht.

Esou wéi dat bei enger Tombola ass, gewënnt en nët ëmmer dat wat e grad wëllt.

Verschidde Leit vum Gesank hun nees mat e puer bekannte Chrëschtlidder eis Chrëschtfeier méi feierlech gemaach.

De Chrëschtkado sollt e bëschen symbolesch ausfalen „MERCI" Schokola fir de Memberen Merci ze soen, fir hir Ënnerstëtzung am leschte Joer. (77 Leit am Sall)



*De Comité vun der Amiperas Schieren seet all senge Memberen an Donateuren villmols Merci fir hir Ënnerstëtzung am Joer 2004.*

***************

*Fir dat neit Joer eng gutt oder eng besser Gesondheet a vill flott Stonne mat der Amiperas.*

# NEIES AUS DER POR

## Mafrema 2004 zu Echternach

Och um MAFREMA 2004 waren Samsdes an der Allerhellgenvakanz 12 Massendénger vu Schieren derbäi.

Zesummen mat deenen aneren Massendénger aus dem Porverband Ettelbréck ware mir mam Bus op Echternach gefuer.

Hei hunn eis Massendénger op eng spilleresch Art an Weis Saachen geléiert, déi si an hirem Déngscht als Massendénger gebrauche kënnen. Zum Beispill sinn si hei eppes iwwer hiren Schutzpatron, den hellegen Tarcisius gewuer ginn.

No enger flotter Ofschlossfeier mam Här Erzbëschof hu mir eis den groussen Gebuertsdagskuch schmaachen geloss. Dëst Joer war et schons den 10. MAFREMA-Dag, deen eis Massendéngerzentral organiséiert hat.

## Krëppespill

Direkt no der Allerhellgenvakanz huet et och schon nees geheescht: Ween hëlleft dëst Joer beim Krëppespill?

Mat der Ënnerstëtzung vun 3 Nëtmassendénger, konnt et dun mat den Prouwen lassgoen. Dëst Joer hat eist Krëppespill d'Thema: keen Stress viru Chrëschtdag.Hei hu mir versicht duerzestellen em wat et Chrëschtdag wirklech geet.

Mat vill Spaass an Äifer haten d'Kanner hir Texter geléiert. Merci der Mme Plier fir hir Ënnerstëtzung.



An Helleg Owend virun de Metten konnt e gesinn: D'Kanner hun hir Saach wirklech gutt gemaach.

Hinnen all Merci an ee groussen Bravo.






## Bastelen am Advent

An dann haten mir och nach gebastelt. Dëst Joer hate mir d'Thema Liicht.









Mir haten allerhand verschidden Luuchten gebastelt an de Leit no der Mass ugebueden. Och dest Joer hun eis Artikelen gutt gefall. Mir soen all deene Leit déi eis ënnerstëtzt hun en häerzlechen Merci.

En Deel vum Erléis hu mir bei den Don vun der Porgemeinschaft fir d'Affer vun der Flutkatastrof an Südostasien gespennt.

Sylvie Berwick

# INFO - ANTENNE

**********************************************************************

news --- last news --- last news --- last news --- last news --- last news --- last news ---

**********************************************************************

## Accès Internet à grande vitesse par câble TV

A noter que nos deux fournisseurs d'accès Internet haut débit via notre réseau de télédistribution ont encore augmenté les vitesses :
Tous les produits HiSpeed sont à prix fixe, c.-à-d. sans limites de trafic ou de temps.

---

A partir du 15 novembre 2004, les vitesses de pointe de votre accès **TV-Surf** sont passées de 384 kbits/s à 1 Mbit/s en downstream et de 64 kbit/s à 128 kbit/s en upstream pour le même prix. (€ 49,91 ttc, modem gratuit)
Pour plus d'informations: **http://www.ept.lu/tvsurf** ou tél. gratuit 12 422.

Et pour surfer en toute quiétude, P&TLuxembourg vous propose son service SecurityScan avec les outils AntiSpam et AntiVirus utilisant les techniques les plus récentes pour vous protéger contre les messages indésirés ou infectés.
Informez-vous sur: **http://securityscan.lu**

---

Luxembourg Online sa
14, avenue du X Septembre
L-2550 Luxembourg
Tél. :45 25 64
E-mail : **cabletv@online.lu**

Le service cabletv.internet.lu de **Luxembourg Online** prévoit les abonnements suivants:

| | | |
|---|---|---|
| > HiSpeed 1000, | down 1024 kbps / up 128 kbps | au prix de € 40 ttc |
| > HiSpeed 2000, | down 2048 kbps / up 192 kbps | au prix de € 50 ttc |
| > HiSpeed 3000, | down 3072 kbps / up 256 kbps | au prix de € 70 ttc |

Visitez **www.cabletv.internet.lu** pour plus d'informations.

---

et/ou le site de l'Antenne Collective Schieren **www.schieren.org**

**L'assemblée Générale est fixée au 21.04.2005**

Jerr. Kemp

# TURNVERAIN SCHIEREN

Wéi all Joër huet de Kleeschen déi brav Kanner aus dem Turnveräin nit vergiess.

Hien huet sech perséinlech Zäit geholl fir Mëttwochs moies deene brave Kanner aus der Sektioun Maman et Bébé e gutt gefëllten Teller ze iwwerreechen.

Samsdes, de 04. Dezember, wor säi Programm awer esou gefëllt, datt hien de Wee op Schieren an d'Sportshal nit fond huet an duerfir dem Comité vum Turnveräin d'Bescherung mat senge beschte Gléckwënsch fir déi jonk Turnerinnen an Turner iwwerlooss huet.



*Fotoën : Kemp Juliette*




# DEN BBC BLACK FROGS SCHIEREN 2004 AM BILD

D'Saison 2003/2004 hu mir zu 6 Ekippen mat méi oder manner Erfolleg op en Enn bruecht. Well eis Senior Härenekipp ennert deene Leschten an der leschter Divisioun figuréiert huet, hate mir de 24. Abrëll den Kellercup, mat Ekippen aus der selweschter Tabellenregioun, organiséiert. Dësen huet eis Ekipp du gewonn. (oder seet een do net besser „verluer"?)

Den 12. Juni koum ët zu Schieren an der Sportshal zum 2. Nitebasket. Dëss Kéier hate mer d'Kanner Mëttes invitéiert fir hire Gewënner auszespillen. 130 Spiller- an innen hate sech am ganzen zu Schieren Rendez-vous ginn, fir e bëssen Streetball ze spillen.

An eiser Generalversammlung, dei den 9. Juli war, hu mir de fréiere Präsident Ferd Schroeder zum Eirepräsident ernannt. No der Conseilsversammlung vum 13. Juli setzt sech eise Conseil folgendermossen zesummen:

| | |
|---|---|
| **Eirepräsident** | Ferd Schroeder |
| **Präsident** | John Hilger |
| **Vize-Präsident** | Lex Arendt |
| **Keessier** | Romain Kemp |
| **Sekretär** | Jean-Marie Steffen |
| **Memberen** | Nols Tom, Jeanpierre Marcelle, Rasqué René, Pick Ed, Uri Jonny |



Fir eis Seniorsekippen hu mer fir déi nei Saison verschidde Spiller konnten op Schieren zéien. Fir d'éischt an der jonker Geschicht vum BBC Black Frogs Schieren, hu mir et färdeg bruecht, fir 2 verschidden Trainer fir eis Seniorsekippen ze engagéieren. Den Dammentrainer huet zwar Ugangs November schons démissionéiert, mä mir hate séier Ersatz fonnt. Fir d'Jugendsekippe konnte mer och 2 nei Trainer gewannen.

| | |
|---|---|
| **Senior Dames** | Yves Simon (bis November 2004)<br>Vlado Gruskovjnak (vun November 2004) |
| **Senior Hären** | Jean Charles Grézault |
| **Cadets** | Vlado Gruskovjnak |
| **Fillettes** | Marcelle Jeanpierrre |
| **Poussins mixte** | Steve Herrmann |













Ewéi ëmmer, am Hierscht, fänkt dann och bei eis d'Saison erem un. Déi Kéier haten d'Hären de bessere Start ewéi d'Dammen. Eis Senior Häre krute fir déi nei Saison eng nei Uniform mat Shooting-Shirts, vun eisem fréierem Matspiller Alain Lutgen iwwerreecht. D'Cadéen sinn des Saison an enger Zweschephase,(keng Bouwen méi, awer och keng Männer) a spillen all Mätch mat 5-6 Spiller. D'Fillettes hunn eng ganz gutt 1.Ronn gespillt, a mat de klengste, den Poussins mixte, kënnen mer nach vill opbauen.

Niewent de sportleche sinn och déi aner Aktivitéiten vun eisem Veräin erem ugaangen. Der Rei no wären dat:

| | |
|---|---|
| - 4.September | Jugendschnupperdaag |
| - 11. an 12. September | Dammen- an Härentournoi |
| - 16. Oktober | Mullenowend |
| - 5. Dezember | Den Kleeschen koum bei d'Poussins an d'Fillettes |
| - 11. Dezember | Chrëschtfeier |

## Manifestatiounen am Joer 2005 vum BBC Black Frogs Schieren

| | |
|---|---|
| 9. Januar 2005 | Bingoowend |
| 22. Abrëll 2005 | Cabaretowend mam Laurent |
| 28. + 29. Mee 2005 | Jugendturnéier |
| 4. Juni 2005 | Schnupperdaag mat Galamätch |
| 11. Juni 2005 | Nitebasket |
| 8. Juli 2005 | Generalversammlung |
| 17. September 2005 | Härentournoi |
| 18. September 2005 | Dammentournoi |
| 15. Oktober 2005 | Mullenowend |



## Traininger fir d'Kanner

**Bis den 1.Mäerz 2005**

| | | | |
|---|---|---|---|
| Cadtsen | (13 – 16 Joer) | Densdes | 19h00-20h30 |
| | | Donnesdes | 18h30-20h00 |
| Filettes ( 9 – 12 Joer) | | Donnesdes | 14h30-16h00 |
| Poussins mixte (- 10 Joer) | | Mettwochs | 17h15-18h45 |

*Wanns de Loscht hues bei eis Basket zespillen, dann mellt dech beim Marcelle Jeanpierre um GSM: 061 747 589*

**Vum 1.Mäerz 2005**

| | | |
|---|---|---|
| Cadéen (13 - 16 Joer) | Mettwochs | 18h30-20h00 |
| | Donnesdes | 18h00-19h00 |
| Filettes (9 - 12 Joer) | Densdes | 17h00-18h00 |
| | Mettwoch | 16h15-17h30 |
| Poussins mixte (- 10 Joer) | Densdes | 18h00-19h00 |
| | Donnesdes | 17h00-18h00 |
























# GENERALVERSAMMLUNG THEATERFRËNN



Freides den 8. Oktober war déi 11. Generalversammlung vun de Schierener Theaterfrënn.

D'Presidentin konnt deen Owend vill Leit begréissen an d'Sekretärin huet dun erzielt wat am Joer gemaach gin ass.

Freides den 30.01.04 hate mir eis Mêmberen op ee gudd Iessen an den Hotel Lanners op Ettelbréck invitéiert. No 3 Méint Prouwen hu mir am März ënnert der Regie vum Jang Hirt d'Theaterstéck „Alles wéi keng Engelen“ vum Marc Hermann gespillt.

Dun huet de Keessjee eis gesot wéi et mat de Finanzen ass.


Duerno souze mir nach e puer Stonnen gemittlech zesummen.

Mir spillen och dëst Joer nees Theater an zwar e bëssche méi spéit wéi soss an zwar den 9., 15. a 16. Abrëll 2005. Mir wäre frou wa mir Iech een vun deenen Owender begréissen kënnten.

Eis next Generalversammlung ass den 7. Oktober 2005.

Lucienne Pick

# DE SCHIERENERHAFF



*De Johann Metz an d'Anna Dahlem virum Schierenerhaff*

D'Geschicht vum Schierener Haff konnt zréckverfollegt ginn bis em 1700, wou den Haff gebaut ginn ass. Ob en direkt di definitiv Ausmoossen hat oder ob no an no Gebäier bäigebaut goufen ass nit bekannt; mee sëcher ass dat d'Joereszuel vum Gebai op engem Steen vun der Scheierpaart agemäisselt war. Den Optrag fir den Haff ze bauen koum vun der Famill Tibessart vu Schieren, déi den Haff och bis an 20. Joerhonnert bewirtschaft huet. Aus deem Gronn gouf den Haff och fréier Tibessartshaff genannt an hien krut réischt nom Verkaf den Numm Schierenerhaff.

Dee leschte Proprietaire vun däer Famill war den Tibessart-Thilmany Johann, deen 1911 den Haff un den Metz-Dahlem Johann verkaaft huet. De Johann Metz war mat senger Famill vun Euskirchen bei Köln agewandert, an zwar aus engem eenzege Grond: hien wollt verhënneren dat säi Jong Johann spéider an di däitsch Arméi géif agezunn ginn.

Et koumen also 1911 op den Tibessartshaff:

| | | |
|---|---|---|
| **Johann Metz** | **1858-1930** | mat senger Fra Anna Dahlen 1857-1929 |
| **Lisa Metz** | **1894-1955** | spéider bestued mam Mathias Beringer 1900-1965 |
| **Traud Metz** | **1896-1968** | spéider bestued mam Emile Hoffmann vum Zaneschhaff 1899-1979 |
| **Sybille Metz** | **1897-1969** | spéider bestued mam Jean-Pierre Hoffmann vum Zaneschhaff 1890-1982 |
| **Johann Metz** | **1903-1963** | spéider bestued mam Marguerite Hoffmann vum Zaneschhaff 1903-1978 |






*Den alen an neien Schierenerhaff a 4 Etappen: Ee Moment war virum Koup Steng nach just d'Grott stoebliwwen*

Aus dem leschten Bestiednis gongen 4 Kanner ervir, an zwar dem Alter no Marguerite (Kënn), Sybille, Jeng an Emile (Jéng). Vun hinnen huet de Jeng den Haff iwwerholl an hien huet en sou laang bewirtschaft wéi seng Gesondheet him et erlaabt huet. Duerno goufen d'Lännereien verpacht a si sinn elo am Besëtz vum Sybille Laubach-Metz, deem seng 2 Jongen den neien Wunnkomplex opgeriicht hunn deen genau dem Grondrëss vun deem alen Bauerenhaff entsprëcht.

## Wéi huet d'Liewen sech um Haff ofgespillt?

An der Zäit zwëschen den 2 Kricher an och nom 2. Weltkrich bis an d'foffzeger Joeren huet d'Liewen um Schierenerhaff sech net vill anescht ofgespillt wéi op deenen aneren Heef déi baussend enger Uertschaft louchen. Den Haff hat um Enn nach 40 Hektar Land, wouduerch awer virdrun duerch Deelungen schon en ettlech Hektaren verluer gaange waren. 3 Hektar dovunn waren Bësch.

Well d'Leit um Bauerenhaff fréier zum grousse Deel Eegeversuerger waren, gouf et keng Spezialisatioun op eng oder zwou



*De Johann Metz mat Famill a Bekannten ënnert dem Birebam*

Kulturen. Duerfir huet een um Schierenerhaff am Laf vun de Joeren eng gesond Mëschung vun allméiglechen Kulturen à Véibestand erëmfonnt:

- Den Haaptbestanddeel vum Véi waren d'Mëllechkéi,
- Doduerch goufen et dann och nach Randbéischten fir d'Zuucht a fir d'Fleeschproduktioun.
- Schwäin goufen et ënnert der Form vu Fierkelssai, wouvun d'-Fierkel entweder zu Ettelbréck um Maart oder un Privatleit verkaaft gi sinn, well fréier hat praktesch all Stot am Duerf ee Stall wou e puer Schwäin gemäscht gi sinn.
- All Zort vu Federvéi wéi Hinger, Gänsen, Inten fir Eeër- an Fleeschproduktioun.
- De grousse Stolz vum Haff waren d'Päerd: a Spëtzenzäiten waren 8 – 9 Päerd um Haff, déi gebraucht goufen fir d'Aarbecht op de Felder ze veriichten an déi och de Persounentransport assuréiert hunn andeems se virun d'Kutsch gespaant gi sinn. Deelweis hat den Haff souguer een eegenen Hengscht; d'Fillen sinn dann entweder um Haff verbliwwen oder un aner Baueren weiderverkaaft ginn.
- Em 1915 waren och nach 2 Ieselen um Haff, mat deenen de Johann an d'Schoul gefouert gouf.

D'Kulturen, déi um Haff ugeplanzt goufen, waren di selwecht di iwwerall an der Landwirtschaft bekannt waren:

- Weess, Huewer, Geescht a Kar,
- Gromperen a Fudderrommelen
- Eng Neiegkeet gouf awer vun der Famill Metz aus Euskirchen mat eriwwer bruecht, an dat war d'Planzen vun Zockerrommelen. Dank deser Initiativ war Schieren eent vun den gréissten Dierfer an der Produktioun vun Zockerrommelen déi dann am Hierscht un d'Zockerfabriken an der Belsch (Tirlemont) oder an Däitschland verkaaft goufen.

Ee groussen Bestanddeel vun der Aktivitéit um Haff war d'Weiderveraarbechtung an de Verkaf vun Uebst; a Spëtzenzäiten goufen hei verschafft:

- 1200 – 1300 Zänner gepléckten Äppel: di Äppel goufen alleguer an der Scheier sortéiert: di bescht sinn un den Grousshandel vum Uebst verkaaft ginn (z.B. ass de Grosbusch vun Déifferdeng mam Camion des Äppel siche komm) an di manner gutt huet de Clausse vun Dikrich kritt fir ze brennen.
- 600 – 700 Zänner Neelches – a Pontebiren goufen gepléckt oder geraf fir an d'Brennereien
- doniewend goufen et nach Kiischten, Prommen an Quetschen, deelweis fir den Eegebedarf, deelweis awer och vir de Verkaf un d'Epicerien.

## De Schierenerhaff als Eegeversuerger

Wéi dat an der aler Zäit Traditioun war, huet och um Schierenerhaff een groussen Deel vun de Aktivitéiten sech em den eegene Verbrauch gedréint:

- Grompere, Geméis, Uebst (fir frësch, agemaacht oder als Gebeess) goufen all selwer gezillt
- D'Fleesch ass meeschtens aus der eegener Produktioun komm. D'Gefliggel gouf selwer geschluecht, fir ee Kallef oder ee Schwäin koum de Rem (Zacharias Raymond) aus der Metzlerei Fischbach hëllefen. Dee koum dann owes no sénger normaler Aarbecht zu Fouss op den Haff fir ee Béischt ze verschneiden an ass dann spéit an der Nuecht nees zou Fouss op Schieren zréckgaang. Dat Fleesch gouf dann agesolpert, an der Haascht oder am Reezhaïschen gedrëchent oder direkt zu Zossis, Paté, Jelli, Träipen oder Leberwurscht verschafft.
- Um Haff gouf bis nom 2. Weltkrich mat Miel aus der eegener Produktioun och selwer gebak.
- D'Mëllech ass zu engem grousssen Deel selwer verschafft ginn, fir ze drénken an awer och fir ze fidderen. Fir d'éischt gouf awer d'Ram ofgesënnert, an duerfir hat den Haff eng Zentrifug. Duerno gouf d'Ram an Emeren an engem Pëtz gekillt, an dovunner gouf dann selwer Botter a wäissen Kéis produzéiert. Am Krich huet de Botter mussen zu Schieren an der Molkerei ofgeliwwert ginn.
- Zu gudder Lescht hat den Haff awer och nach eng Brennerei, wou d'Uebst wat nit verkaaft gouf, dann gebrannt ginn ass, an hei war d'Produktioun zu Spëtzenzäiten alt bis zu 1000 Liter Branntwäin. Aus den Äppel awer goufen och nach bis zu 500 Liter Viez gekeltert.

Dann huet sech fréier op engem Haff och ëmmer d'Fro vun der Energieversuergung gestallt, an dat war dann folgendermoossen:

- D'Waasser koum aus enger Quell 200 Meter vum Haff ewech op méi engem déiwen Punkt. Mat enger Pompel gouf et dann méi héich an ee Behälter gepompelt, vu wou et dann an d'Haus an an d'Ställ verdeelt gouf.



*Modernen Persounentransport am Ufank vum 20. Joerhonnert*

- D'Elektresch gouf vun der Zentral vu Cruchten geliwwert, den éischten Telefon gouf et eréischt Enn der 40er Joeren.

## Wien huet all di Aarbecht do gemaach?

Fir des grouss Unzuel vun Aarbechten ze maachen, waren jo awer nit genuch Leit um Haff. Duerfir hunn d'Haffleit mat Maschinen a Personal een deem aneren gehollef. Doniewend sinn awer och Leit aus dem Duerf als Doléiner bei d'Baueren schaffe gaang. Um Schierenerhaff waren dat, an eeler Schierener Leit kënnen sech sëcher un déi Nimm erënneren:

- Als Kniecht fir ze dreschen, ze méinen, Mëscht ze féieren an ze spreeen, um Plou ze furen:

- Richard Stirn (Kaaschtel Rich)
- Dominique Jungels (Haffer Dëm)
- Pierre Stirn (Kaaschtel Péiter)
- Gust Meyer (net vu Schieren)
- Pierre Neser (net vu Schieren)



De Gust Meyer an de Pier Neser maache mol eng Paus


## De Schierenerhaff am zweeten Weltkrich

Anescht wéi um Mathgeshaff waren um Schierenerhaff keng Jongen verstoppt, mee et sinn trotzdem Aktivitéiten do ofgelaf déi hätten kënnen an d'A goen. Well d'Schluechten nëmmen mat Marken erlaabt war, mee trotzdeem vill Leit hamstere komm sinn, gouf ganz dacks heemlech geschluecht an dobäi huet een sech net diirfen erwëschen loossen. Am Krich gouf och heemlech gebrannt, an dat war nach méi geféierlech. Dann hun d'Jongen missen virum Haff oppassen wann di preisesch Accisienen an Douanieren iwer d'Kopp komm sinn, an dann huet missen séier alles ewech geraumt ginn. Am Krich waren an der Scheier Kamionen verstoppt vum Theo Schuler, Geméis- an Düngerhändler aus der Fiels, an Jos Hargarten, Depositär vun Schieren.

Bei der Rundstedtoffensiv stongen ënnen am Bësch 12 Kanounen, déi iwwer den Haff op Ettelbréck geschoss hunn. Bei deene Bombardementer sinn um Haff d'Fënsteren a Schierbele gaang.




Auszoch aus Kaaschtel Rich sengem Arbeitsbuch



**Ersatzkarte für Arbeitsbuch Nr.** ~~14745~~ 467/EH

(§ 4 Abs. 2 der 1. Durchführungs-Verordnung zum Gesetz über die Einführung eines Arbeitsbuches vom 16. 5. 1935, § 11 der Anordnung des Präsidenten der Reichsanstalt vom 18. 5. 1935)

Name: Metz
(bei Frauen auch Geburtsname)

Vorname: Margareta

Geburtstag: 25. August 1928

Geburtsort: Schierenerhof Kreis: Diekirch

Berufsgruppe u. -art: M 1 A 1

Wohnort: Schierenerhof (Kolmar-Berg

Straße: – Nr.

Die Ersatzkarte hat Gültigkeit bis ~~zum~~ auf weiteres ~~19...... und ist spätestens bis zu diesem Zeitpunkt dem Arbeitsamt zurückzugeben~~. Erhält der Inhaber ~~kein altes Arbeitsbuch zurück oder wird~~ ein ~~neues~~ Arbeitsbuch ausgestellt, so ist die Ersatzkarte **sofort** zurückzugeben

Ettelbrück den 12. Februar 1943

Arbeitsamt Luxemburg
Nebenstelle Ettelbrück
(Dienststempel) (Stempel des Arbeitsamtes)
Im Auftrage:

(Eigenhändige Unterschrift des Inhabers)

Dem Marguerite (Kënn) seng „Ersatzkarte für Arbeitsbuch"

- Als Mod oder am Doloun fir an de Gromperen oder an de Rommelen ze hëllefen oder fir d'Uebst opzerafen:

- Gerda Stirn (Kaaschtel Gerd)
- Marie Pauwels (Jinge May)
- Suzanne Kaes (Kéis Siss)
- Marie Rommes
- Marechen Jungels
- Clothi Genson

Dem Jéng séngen Erënnerungen no war de Loun fir des Leit 25 Frang pro halwen Dag, deen am Laf vun de Joeren bis op 40 an nach op 60 Frang ropgaang ass.

Wéi virdrun gesot, gouf zwëschen de Kricher all Aarbecht mat de Päerd verriicht. Mee du koum d'Zaït vun den Trakteuren, a virum 2. Weltkrich krut och de Schierenerhaff säin éischten Trakteur; et war dat een International Harvester mat eisen Reeder. Den Trakteur gouf mat enger Handkierb a mat Benzin ugehäit an duerno gouf dann op Petrol ëmgeschallt.

Wéi nom Krich di Schierener Bäckeren ugefaang hunn och op d'Heef ze fueren, gouf lues a lues de Bakuewen um Haff ausgemaach. Well d'Bäcker d'Miel vun de Bauere kaaft hunn, hu si am Géigenzuch Brout geliwwert, a sou huet den Zimmesch Willy mam Velo d'Brout op den Haff gefouert. Am Ufank gouf awer do net mat Geld bezuelt, mee als Géigeleeschtung fir geliwwert Miel kruten d'Baueren Bongen fir Brout ze kafen.

## D'Situatioun vun de Kanner um Bauerenhaff

Fréier huet d'Liewen vun de Kanner op engem Bauerenhaff wäit ewech vun engem Duerf sech ganz anescht ofgespillt wéi fir Duerfkanner. Hir eenzeg Spillkomeroden waren d'Geschwëster, a sou ass et an där Hinsicht nit vill Ofwiesselung ginn, zumol fir di eelste Kanner. Duerno, am schoulflichtegen Alter, koum dann d'Fro op, a wat fir eng Schoul schécke mer eis Kanner, well déi Zäit gouf et keng gutt Transportmëttelen. Do gouf et dann fir d'-Kanner vun den Heef ronderëm Schieren 2 Méiglechkeeten: entweder op Ettelbréck an d'Pensionnat als Interne oder all Dag zu Fouss op Schieren an erëm zréck, an dat am Wanter ëmmer am Däischteren.

Och wann déi Zäit fir d'Duerfkanner an de Primärschoulen et nach nit vill Veräinsliewen oder aner Sozialkontakter gouf, sou waren dach di Kanner vum Haff vill méi isoléiert an si hunn veschidden Aktivitéiten ni kennegeléiert:

- si konnten ni an d'Spillschoul goen
- si waren nit an de Massendénger
- si konnten praktech nit mat Gläichaltregen spillen

Lo seet vläicht deen een oder aneren, ma wat waren déi fein eraus, an dat kann een duerchaus och sou gesinn; dat hei war just als Beispiel geduecht dat den Ënnerscheed vun de Konditiounen vun Duerfkanner an Haffkanner fréier vill méi grouss war wi haut.

Fir d'Kanner vum Schierenerhaff huet dat dann an der Primärschoul folgendermoossen ausgesinn:

- D'Marguerite (Kënn) ass mat séngen Cousinen vum Mathgeshaff vu Méindes bis Samsdes op Ettelbréck an d'Pensionnat als Interne gaang, wat jo fir Kanner vun 6 Joer nit esou evident war.
- Di dräi aner, Sybille, Jeng an Emile (Jéng) sinn all Dag bei all Wieder zu Fouss, mam Schlitt, oder spéider mam Velo op Schieren an d'Schoul gaang. Wann een dann héiert dat de Jeng an de Jéng sech ee Velo gedeelt hunn, kann ee sech och virstellen, dat et de Kräizbierg erof mam Velo heiandsdo zu ganz lëschtegen oder geféierlechen Situatiounen komm ass. Déi Deeg, wou Mëttes och Schoul war, an dat waren déi Zäit nach 5 Deeg, hunn d'-Kanner dann beim Schreiner Pier (Arendt) d'Mëttegiessen kritt.


*Marguerite Metz-Hoffmann, Sybille Laubach-Metz, Camille Stümper an Emile Metz*


*Hochzäit vum Mathias Esser a Marguerite Garson um Schierenerhaff em 1917. De Mathias Esser war mam Johann Metz vun Euskirchen agewandert.*

# ZWEE CONCERTEN VIRU CHRËSCHTDAG

Op Initiativ vun hirem Dirigent Antonio GROSU hat d'Chorale CAECILIA, zesummen mat der Kultur- a Festkommissioun, och dëst Joer e Concert vun den CANTORES AMICITIAE aus Iasi/Rumänien organiséiert: méindes, den 13ten Dezember 2004. Grad ewéi d'lescht Joer, war de Publikum an der strubbelvoller Kierch, rëm eemol hell begeeschtert.



Kuerz viru Chrëschtdag, mëttwochs, den 22ten Dezember 2004, haten d'Sänger aus der Schierener Chorale dann hiren eegenen Optrëtt. Ennert der Direktioun vum Antonio Grosu hu si Chrëschtlidder aus verschiddene Länner interpretéiert, dorënner eng gutt Partie aus der Heemecht vun hirem Dirigent an aus der orthodoxescher Kierch. Um Piano goufe si vum Marc Garson begleet an duerch de Concert huet d'Maggy Meisch gefouert.

De Carlo Hommel op der Uergel, d'Ramona Tanase als Solistin an op der Gei, so wéi d'Maggy Meisch an d'Danielle Meisch als Solistinnen hunn zur Beräicherung vum Programm bäigedroen.

Eppes Spezielles war dëse Concert fir déi Jéngsten aus der Chorale.

Vum Hierscht un hu si mam Antonio all mëttwochs eng gutt Stonn geprouwt an hir Stëmm trainéiert fir dann lo ze weisen, wat si no knapps 3 Méint scho geléiert hunn.

Den Erléis vun dësem Concert ass integral un d'Wierk vun de Salisianesche Bridder zu Constanta a Roumänien gaangen. Si engagéiren sech an der Jugendaarbecht a këmmeren sech haaptsächlech dohannen em d'Stroossen- a Weesekanner. Well dem Dirigent säi Brudder selwer an dësem Orden täteg ass, kann een och sëcher sinn, datt d'Suen op der richteger Plaz ukommen.





*Kannerchorale vu rechts no lénks :*

*1. Rei: KETTELS Christelle, MARTINS Stephanie, KOLLING Nadine, KOLLING Michelle, FIGUEIRAS DE SOUSA Elisabeth, CARVALHO Oliveira Christiane, DELGADO Wendy, CARVALHO OLIVEIRA Claudia, PINHEIRO TAVARES Sara, WALDBILLIG Jasmine*

*2. Rei: SOARES DE PINHO Rui, ZANTER Claire, SCHAUS Sharon, GOERENS Anne, FERNANDES CARDOSO Katy, SCHAILLIE Florine*





*(Foto: R.HESS)*

# D'SPILLSCHOUL



**D'Klass vun der Joffer Véronique DAHM**

1.Reih: Steve Gonçalves, Vicky Rayeck
2.Reih: Magalie Santos Dos Reis, Sara Carvalho, Gianoito Palmieri, Denny Schaus
3.Reih: Noah Foeteler
4.Reih: Patricia Soares, Léandreo Freitas, Yann Origer, Christopher Laubach
5.Reih: Alexis Souto Santos, Lisa Elcheroth

**D'Spillschoulsklass vun der Jofferen Nathalie PIAIA-MEIERS an Claudine SCHMITZ-WALESCH**

1.Reih: Ayat Mougadar, Malika Duarte-Evora
2.Reih: Luc Humbert,Jerry Doerfel, Marc Schillinger
3.Reih: Pit Reinert, Gilles Theis, Lorry Goncalves Dos Santos, Kim Mohnen
4.Reih: Philippe Pereira, Dylan Magalhaes Da Graca, Dany Ferreira, Lynn Pletschette
et feelt: Nathalie Wiren





**D'Spillschoulsklass vun der Joffer Elvire DECKER-MARBACH (Ersatzjoffer Diane DANSART)**

1.Reih: Wirth Renée
2.Reih: Elcheroth Nick, Glover Joyce, Pereira Da Sousa Joana
3.Reih: Kugener Pol, Silva Fortes Sébastien, Majerus Michael, Leuck Jona
4.Reih: Alves Monteiro Kathleen
et hun gefeelt: Martin Dias Malran, Neu Christian, Frising Kilian, Pletschette Laura


# D'SCHOULKLASS 1993/1994



**1.Reih v.l.n.r:** Christopher D'Alimonte, Fabienne Schmit, Nathalie Simon, Audrey Weinkin, Luc Steffen

**2.Reih:** Nathalie Goerens, Nora van Daele, Jerry Schroeder, Romain Steffen, Alexandre Rocha

**3.Reih:** Jeannette Rodrigues Roberto, Yves Pauwels, Patrick Sorko, Sascha Meis, Jo Ferrari, Martine Zimmer, Gilles Hemmerling, Joffer Jeanne Steffen, Vania Vieira Scheideker



1993-1994: Relevé des élèves:

| Numéro d'ordre | Année d'études | Nom et prénoms des élèves (à classer suivant les années d'études, par ordre ascendant) Laisser un blanc entre les différentes année d'études | Sexe: × garçon | Sexe: × fille | Naissance: Lieu | Naissance: Date | Résidence et (ou) Adresse exacte |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 1 | 1 | D'Alimonte Christoffer | × | | Luxembourg | 2.12.86 | 9131 Schieren |
| 2 | | Ferrari Jo | × | | Ettelbruck | 16.7.87 | 9125 " |
| 3 | | Goerens Nathalie | | × | Ettelbruck | 6.5.87 | 9127 " |
| 4 | | Hemmerling Gilles | × | | Luxembourg | 7.7.87 | 9132 " |
| 5 | | Meis Sascha | × | | Ettelbruck | 16.6.87 | 9124 " |
| 6 | | Pauwels Yves | × | | Ettelbruck | 21.11.86 | 9130 " |
| 7 | | Ribeiro Cardoso Alexandre | × | | Ettelbruck | 16.11.86 | 9125 " |
| 8 | | Roberto Rodrigues Janette | | × | Ettelbruck | 27.4.87 | 9135 " |
| 9 | | Schmit Fabienne | | × | Luxembourg | 25.4.87 | 9124 " |
| 10 | | Schroeder Jerry | × | | Ettelbruck | 24.1.87 | 9136 " |
| 11 | | Simon Nathalie | | × | Ettelbruck | 25.1.87 | 9136 " |
| 12 | | Sorko Patrick | × | | Pologne | 8.4.86 | 9127 " |
| 13 | | Steffen Luc | × | | Ettelbruck | 19.9.86 | 9133 " |
| 14 | | Steffen Romain | × | | Ettelbruck | 27.2.87 | 9117 " |
| 15 | | Van-Daele Nora | | × | Ettelbruck | 11.7.87 | 9127 " |
| 16 | | Vieira Sheideker Vania | | × | Portugal | 8.9.86 | 9125 " |
| 17 | | Weinquin Audrey | | × | Ettelbruck | 24.7.87 | 9134 " |
| 18 | | Zimmer Martine | | × | Ettelbruck | 5.3.87 | 9132 " |

# D'SCHOULKLASS 1953/1954




*3 Meedercher déi 1953 am éischte Schouljoer waren: BLEY Viviane, Weber Colette an REUTER Nicole*

## 1953 - 1954: LISTE DES ELEVES

| Numéro d'ordre | Noms et prénoms des enfants | Confession | Date de naissance | Lieu de naissance de l'enfant | Pays d'origine | Nationalité | Scolarité obligatoire: Commencement | Scolarité obligatoire: Fin | Age au 1er novembre 19…. |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 25 | Metsch M.-Anne | " | 30.4.47 | Schieren | " | " | 53 | 61 | 6 |
| 26 | Lutgen Henriette | cath. | 25.10.47 | Schieren | Lux. | lux. | 53 | 61 | 6 |
| 27 | Reuter Nicole | " | 11.1.47 | Ettelbrück | " | " | " | " | " |
| 28 | Schwarz Lucienne | " | 3.2.47 | Schieren | " | " | " | " | " |
| 29 | Antony M.-Jeanne | " | 17.11.46 | Luxembg. | " | " | " | " | " |
| 30 | Weber Colette | " | 27.11.46 | Ettelbrück | " | " | " | " | " |
| 31 | Fischbach Jeanny | " | 15.9.47 | Schieren | " | " | " | " | " |
| 32 | Frising (eisen) Nico | " | 30.3.47 | Ettelbruck | " | " | " | " | " |
| 33 | Dondlinger Johny | " | 30.4.47 | Schieren | " | " | " | " | " |
| 34 | Lamesch Nico | " | 5.2.47 | " | " | " | " | " | " |
| 35 | Marz Poly | " | 10.1.47 | Ettelbrück | " | " | " | " | " |
| 36 | Bley Viviane | " | 22.9.47 | " | " | " | " | " | " |

# PERSONALÉIERUNG BEI DER SCHIERENER GEMENG

E Freideg, de 17. Dezember, huet am neie Festsall d'Chrëschtfeier vun der Schierener Gemeng stattfonnt. De Buergermeeschter Jos Lutgen huet a sénger Ried ee perséinlechen an allgemenge Réckbléck op d'Joer 2004 gemeet. Onsécherheet bei de Leit, Terror, schlecht Konjonktur an aner negativ Aspekter féieren dozou, datt d'allgemeng Stëmmung nit grad déi allerbeschten ass. An dësem Zesummenhang sief op d'Bommenattentater zu Madrid an op déi ëmmer méi knapp Keessen higewisen.

D'Zäit geet virun a mat hir kommen och Verännerungen. Am Februar 2004 goufen déi éischt Nët-Lëtzebuerger Zaldoten an eiser lëtzebuerger Arméi an der Sportshal zu Schieren a Präsenz vun héichen auslänneschen Inviteeë vereedegt.

Weider Verännerunge goufen ët an der Regierung, déi nom Wahlsonndeg den 13. Juni eng nei Zesummesetzung huet. An déi nächst Wahle stinn och schon virun der Dir an zwar den 9. Oktober 2005 mat de Gemengewahlen. Virdrun ass nach den 10. Juli de Referendum iwwert d'Europäisch Verfassung.

Knapp Keessen erlaben ët der Gemeng nit méi grouss Investitioune fir d'Zukunft duerchzeféieren. All Investitiounen an Ausgaben musse gutt iwwerluegt sinn.

Bei der Chrëschtfeier kruut d'Gemengepersonal Merci gesot fir hir Aarbecht am Laf vum leschten Joer. Ee spezielle Merci gung och un de Redaktiounscomité vum „De Louis", dee Stonnen a Stonnen domadder verbréngt, d'Aktivitéiten aus der Gemeng jidderengem méi no ze bréngen.

Am Laf vum Owend goufen och nach e puer laangjähreg Gemengenaarbechter geéiert. Dozou gehéieren de Sampaio fir 26 Joer, de Fierschter Jacques Winandy an d'Suzette Bartholmé-Monti fir 25 Joer am Dingscht vun der Gemeng.

Eier d'Iessen zerwéiert gouf, huet de Scheffe Jos Zeimes dem Buergermeeschter Merci gesot fir säin Asaz fir d'Schierener Leit.

# SPORTLEREHRUNG 2004

Am 24.September 2004 fand die diesjährige Sportlerehrung der Schierener Sportler im Ausschank der Sporthalle statt.

Als Präsident der Sportkommission konnte ich neben dem Bürgermeister, sowohl die Mitglieder des Schöffen und Gemeinderates als auch die Vertreter der anderen Vereine willkommen heissen um die Einwohner unseres Dorfes die in der Saison 2003 / 2004 durch eine vorzügliche sportliche Leistung überzeugt hatten zu ehren.

Auch wenn der Kreis der Geehrten dieses Jahr deutlich kleiner ausfiel, so schmälert dies Mitnichten die Leistung der Sportler oder besser der Sportlerinnen denen die Ehrung zu kam. In der Tat ehrten wir heuer nur junge Damen... und da spricht man vom schwachen Geschlecht... zumindest in Schieren scheint dies nicht wahr zu sein.

Auch die Anstrengungen der Gemeinde sollte nicht unerwähnt bleiben, die keine Kosten und Mühen scheut um den einzelnen Sportvereinen tadellose Bedingungen zu schaffen um ihrer Lieblingsbeschäftigung nach zu gehen. So wurde dieses Jahr kräftig in eine Tennisbeleuchtung und ein Ausbau der Trainingsanlage des Fussballvereins investiert.

Auch ein Dank ging an Raymond Bartholmé dessen Hilfsbereitschaft jedes Mal zum Tragen kommt wenn es heisst die Halle herzurichten wenn ein Verein sie braucht.

Danach wurde der Turnverein belobigend erwähnt, dies mit ihrer Initiative mit dem « Nordic Walking » eine Trendsportart in Schieren anzubieten. Der überwältigende Erfolg mit mehr als 30 Aktiven jeden Alters zeigt deutlich dass die Verantwortlichen das richtige Gespür hatten.

Auch der neugegründete Baseballverein fand Erwähnung, immerhin hatte es der junge Verein fertiggebracht bis ins Finale der Meisterschaft vorzudringen. Auch wenn nur 4 Teams sich in der Meisterschaft messen, so ist die Leistung in ihrem ersten Jahr trotzdem herausragend.

Bevor es dann zur eigentlichen Ehrung kam musste ich leider die Auflösung eines Sportvereins bekanntgeben da Mangels Interesse der Indiacaverein seine Aktivitäten einstellte. Ein Dank ging an die Präsidentin dieses jungen Vereines die sehr aktiv in der Sportkommission war und mit einigen Vorstandsmitgliedern immer präsent zeichnete wenn es hiess eine Hand mit anzupacken.

Folgende Sportlerinnen wurden dann ausgezeichnet:

Zuallererst war dies Jennie Thomas.

Sie schaffte zusammen mit ihrem Team Filles Scolaires A des BBC Etzella Ettelbruck das Doublé von Pokal und Meisterschaft. Im Laufe der Saison bestritt Jennie rund 36 Spiele. Daneben spielte Sie



noch in der Mannschaft Filles Scolaires B wo sie mit rund 20 Punkten pro Spiel massgeblich dazu beitrug dass das Team seinen Platz in der 1ten Division halten konnte.

Jennie gehört ebenfalls zum Kader des U-14 Nationalteams und hier sticht als bestes Resultat der 1te Platz bei einem Turnier in Chemnitz heraus.



Danach war die Reihe an einer Vertreterin einer Sportart wo man eher daran denken würde Jungs ehren zu können.... die Rede geht vom Fussball und damit vom Damenfussball.

Sumi Lepage ist erst seit September 2003 aktives Mitglied der Damenmannschaft von Etzella Ettelbruck. Nach 2 Spielen musste sie bereits eine mehrwöchige verletzungsbedingte Pause einlegen.... 2 Stufen verpasst und ein Bänderriss hielten Sie für den Rest der Vorrunde vom Fussballfeld fern.

Die Rückrunde konnte Sumi bestreiten und nicht viel hätte gefehlt und Ettelbruck hätte den Abonnementsmeister Niederkorn abgelöst aber das bessere Torverhältnis sprach schliesslich für die Damen aus dem Süden.

Irgendwie war dies ungerecht da ausgerechnet gegen die Mannschaften, wo Niederkorn sein ausgezeichnetes Torverhältnis ausbaute, dies den Ettelbruckern nicht möglich war da hier die Gegner nicht antraten.

Sumi spielt im Mittelfeld wo es heisst immer in Bewegung zu sein... etwas was sie bestimmt bei ihrem Vater in der Altherrenmannschaft abgeschaut hat. Gegen die Mannschaft aus Larochette gelang ihr ihr erster Treffer und schliesslich gelang der grosse Coup im Cupfinale gegen Niederkorn das mit 4 zu 3 niedergerungen wurde. Dabei erwies sich Sumi einmal als Retter in grösster Not als sie goldrichtig stand um einen Schuss von der Torlinie abzuwehren.

Dann zu den Mannschaften wo zuerst die Damenmannschaft des Tennisverein geehrt wurde:

Das Damenteam bestehend aus Carmen Everard, Myriam Hoffmann,Jessica Schmitz und als Ergänzung zu dieser „Nilles-connection" Célia Elsen und Romy Bertemes gewannen ihre 5 Spiele und schafften damit den Aufstieg in die 1te Division.

Zum Schluss wurde dann die Damenmannschaft des BBC Black Froggs Schieren geehrt:

Nachdem sie es fertiggebracht hatten das letzte Jahr ihren Platz in der Nationale 2 zu sichern, legten Sie dieses Jahr noch nach und spielten sogar um den Aufstieg in die Nationaldivision dies nachdem sie von 7 Spielen deren 5 gewannen.



Leider war in der Aufstiegsgruppe nichts mehr zu holen und sämtliche Spiele gingen verloren, aber die Damen hatten längst ihr Soll erfüllt.

Die folgen Damen waren im Laufe der Saison im Einsatz:

Caroline Arendt, Micky Deltgen, Sandra Giver, Joëlle an Lynn Schartz, Diane Scher, Claudine Schmitz, Jasmine Rigutto, Jessica van Riel und Marcelle Jeanpierre

Unserem Bürgermeister schliesslich war es vorbehalten die Pokale an die Mannschaften und die Medaillen an die Einzelsportlerinnen zu überreichen.

Guy Berwick





# PRESTATIONS DU FONDS NATIONAL DE SOLIDARITÉ

(Suite et fin de notre article sur les prestations du Fonds National de Solidarité)

## 2. Avance et recouvrement de pensions alimentaires

Le Fonds avance les pensions alimentaire dues par les débiteurs dans les conditions suivantes:

- résider actuellement et ayant résidé pendant cinq ans au moins au Gr-D de Luxembourg
- créancier d´une pension alimentaire fixée par jugement exécutoire au Gr-D de Luxembourg
- avoir épuisé toutes les voies d'exécution de droit privé ou bien si ces voies sont vouées à l'échec ou si les débiteurs résident à l´étranger (certificat de vie).
- se trouver dans une situation économique difficile

En cas d'octroi le Fonds réclame contre les débiteurs les sommes par lui versées majorées de 10% de frais de recouvrement. Les immeubles du débiteurs ainsi que ceux du créancier sont grevés d'une inscription hypothécaire au profit du Fonds pour la garantie en restitution.

## 3. Allocation de chauffage

Le Fonds accorde une allocation de chauffage sous condition que le revenu mensuel global du ménage ne dépasse pas les seuils repris ci-dessous.

L'allocation de chauffage est servie une fois par an.

### Tableau „Limites de revenus bruts du ménage"

| | Limites de revenus mensuels BRUTS | Montants de l'allocation annuelle |
|---|---|---|
| 1 personne | 1369,18 € | 400 € |
| 2 personnes | 2053,52 € | 500 € |
| 3 personnes | 2444,14 € | 600 € |
| 4 personnes | 2835,26 € | 700 € |
| 5 personnes et plus | 3232,95 € | 800 € |

## 4. Forfait d'éducation

Le forfait d'éducation remplit avant tout un rôle de prestation spéciale en faveur des femmes qui n'ont pas pu ou n'ont pas souhaité se constituer des carrières d'assurance-pension de par le passé dans l'optique d'une politique de reconnaissance du travail éducatif.

Le forfait est accordé au parent qui s'est consacré à l'éducation d'un enfant. La prestation mensuelle par enfant s'élève à 80.76 € à l'indice actuel.

### Conditions générales:

- être âgé de 60 ans ou être bénéficiaire d'une pension d'invalidité
- domiciliation au Gr-D de Luxembourg et y résidant effectivement au moment de la naissance de l'enfant légitime ou naturel.

Sauf: les cas de force majeure (p.ex. enrôlés de force), les enfants adoptés avant l'âge de 4 ans.

Le droit est ouvert en outre pour:

- la personne qui s'est occupée en lieu et place des parents de l'éducation de l'enfant.
- les travailleurs étrangers dont les enfants sont nés et éduqués au Luxembourg et qui par la suite ont réintégré leur pays d'origine.

Le forfait d'éducation n'est pas dû lorsque:

- les demandeurs sont bénéficiaires de périodes d'éducation comprises dans leur pension luxembourgeoise ou étrangère.
- les demandeurs ont bénéficié des dispositions concernant les baby-year.
- les demandeurs bénéficient d'une pension au titre de leur activité statutaire auprès d'un organisme international (p.ex. fonctionnaires CE).

## 5. Accueil gérontologique

Le Fonds participe au prix des prestations fournies dans le cadre de l'accueil gérontologique aux usagers ayant intégré un établissement assurant l'hébergement et l'encadrement de personnes âgées ou infirmes.

La participation résulte de la différence du prix de pension à payer et des revenus personnels des demandeurs excepté d'un argent de poche de 210 €.

Tous les mensuels sont à considérer pour la détermination des revenus personnels.

La participation maximale mensuelle s'élève à 2.103.35 € à l'indice actuel.

En outre les demandeurs doivent avoir épuisé tous les avoirs personnels jusqu'à concurrence de 15.388 € avant d'avoir recours à la présente prestation. Il s'agit en l'occurrence de tous les éléments de la fortune mobilière et immobilière.

Le Fonds peut refuser la demande si le requérant n'obtempère pas à cette disposition.

Les demandes sont révisées et les prestations sont demandées en restitution dans les mêmes conditions que le revenu minimum garanti.

# JOURNÉE COMMÉMORATIVE

Dëst Joer ass de Commémoratiounsdag den 10.Oktober hei zu Schieren gefeiert ginn.

No der Mass hunn d'Gemengenautoritéiten zesummen mat de Vertrieder vun den Enrolés de force Blumme beim „Monument aux Morts" néiergeluegt.

„D'Sonnerie aux morts" huet de Joe Kayser gespillt.





# SCHIERENER MAIFESTATIONSKALENNER FIR FEBRUAR BIS ABRËLL 2005



| DATE | SOCIETE | GENRE |
|---|---|---|
| **Februar** | | |
| 05.02.05 | Zigeinerbal | Musek |
| 07.02.05 | Kannerbal | APECS |
| 13.02.05 | Buergbrennen | Pompjeeën |
| **Mäerz** | | |
| 02.03.05 | Bretzelfeier | Amiperas |
| 05.03.05 | Zatzebal | FC.Veteranen |
| 12.03.05 | Mountsversammlung | Gaart an Heem |
| 12.03.05 | Flantessebal | Jugend |
| 19.03.05 | Bëschbotz | Ëmweltkommissioun |
| 20.03.05 | Basar | Fraen a Mammen |
| 26.03.05 | Ouschtereeërverkaf | Jugend |
| 28.03.05 | Kaartemeeschterschaft | Pompjeeën |
| **Abrëll** | | |
| 02.04.05 | Lëtzebuerger Owend | FC.Jugendkommissioun |
| 09.04.05 | Theater | Theaterfrënn |
| 10.04.05 | Kommunionsfeier | Porgemeinschaft |
| 15.04.05 | Theater | Theaterfrënn |
| 16.04.05 | E Bam fir eis Butzen | CTF+Ëmweltkommissioun |
| 16.04.05 | Theater | Theaterfrënn |
| 21.04.05 | Generalversammlung | Antenne Collective |
| 22.04.05 | Cabaretowend | Basket |
| 26.04.05 | Pilgerfahrt an d'Oktav | Porgemeinschaft |

Source : Festkalenner Gemeng Schieren

